



MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini (par M. Claude Adam);

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser).

Se sont abstenus: MM. Marc Baum et David Wagner.

An ech géif d'Chamber froen, ob se bereet ass, d'Dispens vum zweete Vott ze froen.

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou décidéiert.

Mir kommen dann direkt zu deene véier nächste Projeten, déi mer mat engem Rapport an enger gemeinsamer Diskussioun wäerten ofhandelen. Et sinn d'Projete 7053, 7054, 7055 a 7046. - Mir hunn zwee Rapporteurs, entschëllegt. An déi Projete betreffen alleguer méi oder manner de Logement. An deen éischte Rapporteur, dee scho prett ass, ass den Här Max Hahn, herno suivéiert vum Här Henri Kox.

### 3. 7053 - Projet de loi portant introduction d'une certification de la durabilité des logements et modifiant la loi modifiée du 25 février 1979 concernant l'aide au logement

### 7054 - Projet de loi concernant la collecte, la saisie et le contrôle des dossiers d'aides relatives au logement

### 7055 - Projet de loi relative à un régime d'aides à des prêts climatiques

### 7046 - Projet de loi

### 1. instituant un régime d'aides pour la promotion de la durabilité, de l'utilisation rationnelle de l'énergie et des énergies renouvelables dans le domaine du logement

### 2. modifiant la loi modifiée du 23 décembre 2004 établissant un système d'échange de quotas d'émission de gaz à effet de serre

**Rapports de la Commission du Logement sur les projets de loi n°7053, n°7054 et n°7055**

► **M. Max Hahn (DP), rapporteur.-** Här President, déi nohaltegt Energie ass déi, déi ni gebraucht gëtt. E schlecht isoléiert Doheem ass wéi eng riseg Heizung matzen an der Landschaft: Si wiermt zwar no bannen, mä si bléist och vill Energie sénnlos an d'Loft. Leider si vill vun eise Gebaier Energieverbëtzer, déi méi Wäermt verléieren, wéi si an deenen eegene véier Wänn dobannen halen.

Beim Neibau dergéint huet scho längst en neien Zäitalter ugefaangen. De Passivbau ass vum nächste Joer un hei zu Lëtzebuerg Standard, an d'Zukunft, déi verspricht souguer Haiser, déi méi Energie produzéieren, wéi se verbrauchen.

Beim Albau dergéint sti mir nach ganz am Ufank. Dobäi sinn eis al Haiser am Kär nohaltegt, mat enger Liewensdauer vun ëm déi 100 Joer. Mä d'Bautechnik vum leschte Jorhonnert léist net d'Klimaproblematik vun haut a vu muer.

Den Albau huet awer Zukunft. Mä dofir muss et eis geléngen, dës Gebaier energetesch fit ze maachen. D'Klimabank wäert an Zukunft e staarke Partner sinn, fir eis al Wunngebaier an den Zäitalter vun der Energieeffizienz ze féieren a fir geziilt akommensschwache Stéit ze hëllefen, hir Energiekäschtchen erofzesetzen.

Här President, et stinn haut véier Gesetzesprojeten um Ordre du jour, déi als Package ze verstoe sinn. Dës Projete verbanne virun allem zwou Saachen: Éischtens, d'Wunnen zu Lëtzebuerg soll méi nohaltegt a méi energieeffizient ginn, an zweetens soll de Bierger et esou einfach an esou onbürokratesch wéi méiglech gemaach kréien, un Informatiounen a staatlech Ennerstëtzungen an dësem Beräich ze kommen.

Dës véier Projete sinn awer och am Kontext vun eisen nationale Klimaschutzziler ze verstoen. D'lescht Joer huet d'EU sech op der Weltklimakonferenz zu Paräis ganz ambitiéis Ziler ginn. Mir wëlle bis d'Joer 2030 eis CO<sub>2</sub>-Emissiounen ëm 40% erofschrauwen. Dat ass ganz ambitiéis. A mir mussen elo konkret handelen, fir dës Verspriechechen och an d'Realitéit ëmzesetzen.

Nieft dem Transport, dee fir 70% vun eise gesamten CO<sub>2</sub>-Emissiounen verantwortlech ass, stécht och am Wunnen e risegt Aspuerpotenzial. Ronn 15% vun eise gesamten CO<sub>2</sub>-Emissiounen falen op eist Wunnen zrëck, virop natierlech op d'Hëtzen. Beim Neibau kënnen mer an Tëschenzäit soen: Mission accomplie. Jo, ech mengen, an all Neibau kann ee soen, dass mir

quasi um Optimum ukomm sinn, well vum 1. Januar d'nächst Joer un de Passivhausstandard fir all neit Haus obligatoresch ass.

Här President, elo gëllt et awer och, den Albau energetesch fit ze maachen. An dës Package vu véier Gesetzer wäert dozou bäidroen. Mäi Kollege, den Henri Kox, wäert lech de Rapport zum neie Gesetzestext iwwert déi nei Aiden - PRIME House - herno maachen. An ech wäert a menger Ried op déi dräi Gesetzesprojeten zur Klimabank, zur Lëtzeburger Nohaltegkeetszertifizéierung, kuerz LENOZ, an iwwert de Guichet unique agoen.

Här President, bal d'Halschent vun eisen Haiser si virun 1980 gebaut ginn, also an enger Zäit, wou d'Isolatiounstechnike fir Haiser nach an de Kannerschong waren. Et si grad dës Haiser, déi en enormt Potenzial hunn. Duerch eng anstänneg Isolatioun kënnen déi bis zu 80% un Energiekäschtchen, un Heizkäschtchen also, aspueren.

Wann een de Bilan mécht, wéi vill Wunnunitéite pro Joer den Ament energetesch sanéiert ginn, da stellt ee fest, dass, trotz méigleche Subsiden an Héicht vun 20 bis 30%, ganz weínege Albusanéierungen duerchgefouert ginn. An dat, obwuel energetesch Sanéierung vun eise Haiserbestand e wichtige Schlëssel sinn, fir eis CO<sub>2</sub>-Emissiounen an de Grëff ze kréien an eis international Klimaverpflichtungen anzehalen.

Wourunner läit et also, dass esou mann Leit eng energetesch Sanéierung vun hirem Eegehem maache loosse?

Ee Constat ass, dass vill Stéit mat engem maner héije Revenu Schwieeregkeeten hunn, Eegekapital zesummenzëkréien, fir eng Sanéierung duerchzeféieren. Et verwonnert dann och net, dass grad dës Leit tendenziell éischter an engem schlecht isoléierten Albau wunnen, ewéi an engem fonkelneien Niddregenergie- oder Passivhaus. Dës Stéit ass och net gehollef, wa si 20 bis 30% vum Stat rembourséiert kréien, besonnesch well an der Vergaangenheet d'Subsiden oft eréischt laang no der Duerchféierung vun den Aarbechten iwwerwise gi sinn.

Doriwwer eraus stellt een awer och fest, dass nach ganz vill Viruerteeler bei nodréiglechen Isolatiounsarbechte bestinn, beispillsweis wat d'Schimmelbildung ugeet, och wann ech muss soen, dass hei „myenergy“ an d'Gemengen eng virbildlech Opklärungsarbecht an deem heiten Dossier maachen.

Här President, d'Klimabank setzt elo genee bei deem Punkt un, wou dee rege Subsidiesystem d'Leit net erreecht.

► **Une voix.-** Très bien!

► **M. Max Hahn (DP), rapporteur.-** Dat geschitt, andeems d'Klimabank de Stéit eng komplett Virfinanzéierung vun hirem Sanéierungsprojet garantéiert. Vum 1. Januar u kréien déi Stéit mat engem klengen a mëttleren Akommes iwwert d'Klimabank e komplett zënnsfräie Prêt, fir hire Projet integral virzefinanzéieren, an on top steiert de Stat e Subsid an Héicht vun 10% vun der geléinter Zomm bäi.

An all déi aner Stéit kréien e Prêt fir energetesch Sanéierungen zu engem ganz favorablem Taux, deen am Moment mat dem niddrege Leetzëns souguer ëm 0% wäert sinn.

Jo, dat ass en Novum an eiser Klimapolitik! Heimadder gëtt der Tatsaach Rechnung gedroen, dass éischtens bei Leit, déi am meeschte vun der Energiearmut beträff kënnen sinn, den aktuelle Subsidiesystem net gräift, an zweetens bei ganz ville Stéit nom Kaf vun hirem Eegehem kee Geld méi iwwreg bleift, fir och nach energieeffizient Moossnamen duerchzeféieren, an dat, obwuel et gutt investéiert Sue sinn, well d'Käschtchen fir d'Hëtzen doduerch däitlech reduzéiert kënnen ginn.

Effektiv kann e gudden Deel vum Klimaprêt iwwert déi duerch d'Sanéierung agespuerten Energiekäschtchen zrëckbezuelt ginn. Ech soen hei bewusst, en Deel, well d'Energiepräisser bekanntermoossen am Moment nach wäit ënnert de Rekordpräisser sinn, déi mir nach virun e puer Joer kann hunn. An deemno sinn d'Energieerspuernisse och..., d'Erspuernisse, pardon, och méi kleng.

Mä maache mir eis näischt vir! Mir wëssen, dass dës Zäiten och erëm ännere wäerten. An do gëllt et virzebeugen, well wann den Energiebedarf niddreg ass, ass d'Hausse vun den Energiepräisser och vill besser ze verdauen, wéi wann de Compteur vun der Heizung erëm méi séier dréit.

Här President, erlaabt mir, awer och nach eemol detailléiert drop anzegoen, wien elo vun der Klimabank profitéiere kann. Egal ob Privatpersoun oder Gesellschaft, jiddwereen, deen en Haus oder en Appartement hei am Land besëtzt, dat méi wéi zéng Joer al ass a fir Wunnzwecker genotzt gëtt, kann de Klimaprêt ufroen. Dobäi spilt et keng Roll, ob d'Wunn-

haus engem Einzelnen, enger Kopropriétéit oder enger Gesellschaft gehéiert, virausgesat, et gëtt fir Wunnzwecker genotzt.

Elo kann ee sech froen: Firwat dierfen och Gesellschaften heivu profitéieren? Ma aus zweeërlee Grënn. Éischtens, well et dem Weltklima egal ass, wem d'Gebai gehéiert, dat CO<sub>2</sub>-Emissiounen an d'Loft bléist. Wëlle mir eis Klimaziler näämlech errechen, musse mir esou vill Wunngebaier wéi nëmme méiglech energetesch sanéieren. An zweetens sollen och d'Locataire indirekt profitéiere kënnen, andeems esou vill Propriétaire wéi méiglech energieeffizient Mesuren duerchféieren.

Fir ze garantéieren, dass dës Mesuren och energetesch Sënn maachen, muss en Energieberoder de Suivi vum Sanéierungsprozess maachen. Et ass näämlech och immens wichteg, dass betrafte Stéit eng realistesch Aschätzung vum Energieverbrauch kréien, dee si reell aspuere kënnen. Kloer ass, dass d'Klimabank nëmmen aspréngt, wann e Sanéierungsprojet och wierklech Sënn mécht.

Wéi fonctionnéiert d'Klimabank konkret?

Ma d'Klimabank ass am Fong eng Partnerschaft tëschent dem Stat a private Banken, äänlech wéi dat haut scho beim System vun de Studentepreuten de Fall ass, wat jo impeccabel klappt. Dat huet dee Virdeel, dass jiddweree sech u seng eegen Hausbank wende kann, fir do säi Klimaprêt ze maachen.

Et gëtt elo zwou Zorte vu méigleche Prëten.

Éischtens, dee fir Stéit mat éischter klengem Akommes. Si kréien en zënnsfräie Prêt op 15 Joer an Héicht vu maximal 50.000 Euro, fir deen de Stat biert, d'Zësen iwwerhëlt an zousätzlech dozou 10% vum investéierte Montant als Subsid bäidrëit. Wichteg ass och, dass de Stat hei souguer déi integral Energieberoderkäschtchen iwwerhëlt.

An zweetens ass et e Prêt, dee fir jiddwereen op ass, an dat onofhängeg vum Revenu. Dës läit ënnert dem regulären Zënstaax vum Marché an ass op 15 Joer an op eng Héicht vu maximal 100.000 Euro limitéiert. Hei iwwerhëlt de Stat 1,5% vum Zënstaax. Deemno läit de Prêt den Ament och do bal oder no bei 0% Zësen.

Här President, wat sinn d'Konditiounen, déi fir e Klimaprêt mat 0% Zësen erfüllt musse ginn?

Fir dës Klimaprêt gëlle sozial selektiv Kritären, well hei d'Stéit mat éischter klengem Akommes cibléiert sinn. Bei Einzelpersonen dierf de versteierbare Revenu net iwwer 40.696 Euro d'Joer leien. Dat entsprécht engem versteierbare Revenu vun 3.391 Euro de Mount. Fir eng Koppel ouni Kanner sinn et 3.714 Euro de Mount. A bei engem Stot mat zwee Kanner läit de Montant bei 4.521 Euro. Zousätzlech dierfen dës Persounen net nach Propriétaire vun engem anere Logement sinn a mussen nach weider zéng Joer am Haus oder Appartement wunne bleiwen.

Do dernieft gëtt et awer och Limitten, wat d'Gréisst vum Logement ugeet. Fir en Haus muss d'Fläch tëschent 65 m<sup>2</sup> an 140 m<sup>2</sup> leien a fir en Appartement tëschent 45 m<sup>2</sup> an 120 m<sup>2</sup>. Vläch och wichteg an deem heiten, wat d'Quadratmeteren ugeet: D'maximal Fläch geet pro Kand ëm 20 m<sup>2</sup> an d'Luucht.

Wéi verleeft elo déi genee Prozedur, fir de Klimaprêt mat 0% Zësen an Usproch ze huelen?

Ma als Éischt geet een an de Guichet unique, wou een en Dossier ugeluecht kritt a wou iwwerpréift gëtt, ob een d'Kritären erfüllt. Ech komme spéider nach eemol op de Guichet unique ze schwätzen.

Am Guichet unique gëtt zesumme mat engem Energieberoder, fir deen de Stat d'Käschtchen bis zu engem Montant vun 3.000 Euro iwwerhëlt, dann e Sanéierungskonzept ausgeschafft, fir festzestellen, wat fir eng energetesch Sanéierungsmesuren och wierklech Sënn maachen.

Nodeems de Guichet unique säin Accord fir eng Mesure ginn huet, kann den Demandeur bei seng Hausbank goen a kann do e Prêt kréien. Selbstverständlech virausgesat, d'Bank huet eng Konventioun mam Stat ënnerschriwwen. Et sief hei bemierkt, dass schonn am Moment eng ganz Rei Konventiounen tëschent dem Stat an deene verschiddene Banken ënnerschriwwen si respektiv amgaange sinn ënnerschriwwen ze ginn.

Den zënnsfräie Prêt, deen ee kréie kann, dierf sech, wéi scho virdru gesot, op maixmal 50.000 Euro belafen, an dat op eng Lafzäit vu 15 Joer. De Stat bezilt heibäi net nëmmen d'Zësen un d'Bank, mä e spilt och Bierg, fir dass de Prêt och sécher accordéiert gëtt. Zousätzlech kann déi Persoun, déi sech fir eng energetesch Sanéierung entscheet huet, eng Prime unique vun 10% vun de Käschtchen vum Projet kréien, also maximal 5.000 Euro. Dës Subsid bezilt de Stat iwwregens direkt op de Kont vum Prêt zrëck.

Fir e konkret Beispill ze nennen: Mat engem Klimaprêt mat null Zënse kéint eng Famill zum Beispill den Daach an d'Baussemauere vun hirem Eefamilljenhaus besser isoléieren an och nach en Holzuewen norüsten. Mat dëser Mesur kéinten d'Heizkäschtchen an engem ale Wunnhaus substanzieel no ënne gedréckt ginn.

Wat de Käschtchenpunkt vum Stat betrëfft, kann ee pro Wunnunitéit vu ronn 16.000 Euro ausgoen, wann ee vun engem Invest vu 50.000 Euro ausheet an engem Marchéstaax vun 2% ausheet. Dobäi kommen dann nach déi Primmen, déi een iwwert d'PRIME House ka kréien, op déi mäi Kollege Henri Kox herno am Detail agoe wäert.

Nieft dësem Klimaprêt mat null Prozent gëtt et awer och nach eng zweet Zort vu Prêt, an zwar de Klimaprêt mat engem reduzéierten Taux. Dësen ass, wéi ech virdru scho gesot hunn, onofhängeg vum Akommes. Hei ass d'Prozedur ganz äänlech wéi virdrun. Et gëtt e Sanéierungskonzept mat engem Expert op d'Bee gestallt. An deen Dossier geet da weider un eng konventiönéiert Bank. Hei kann een e Prêt bis zu 100.000 Euro op 15 Joer finanzéiert kréien, fir deen de Stat 1,5% vun den Zësen iwwerhëlt.

Och hei e konkret Beispill: Beim Klimaprêt mat reduzéiertem Zënstaax kéint een zum Beispill d'Fënstere mat Dräifachverglasung oprüsten an doriwwer eraus den Daach an d'Baussemauere besser isoléieren an e Pelletsuewen installéieren. De Käschtchenpunkt fir de Stat läit hei bei ronn 10.000 Euro, bei engem Invest vum Stot vun 100.000 Euro. An och hei gëllt selbstverständlech, dass iwwert d'PRIME House nach weider Hëllef kennen ugefrot ginn.

Wéi vill Stéit wäerten elo viraussichtlech vum Klimaprêt profitéieren?

De Logementsministère rechent pro Joer mat ronn 400 Dossieren, dovunner een Drëttel mat engem Null-Zënns-Prêt an zwee Drëttel als Prêt mat reduzéiertem Taux. Fir d'Joer 2017 wieren deemno d'Käschtchen fir de Stat bei enger knapper Millioun an am Joer 2021 wieren et viraussichtlech bal zwou Milliounen Euro, well bis dohinner jo méi Leit Demanden a Sanéierung gemaach hunn.

Dës si Suen, déi, mengen ech, immens gutt investéiert sinn, net nëmme fir de Klima a fir eis Ëmwelt duerch manner héich CO<sub>2</sub>-Emissiounen, mä och fir d'Privatstéit duerch manner héich Energiekäschtchen, an net zulescht och fir eis Handwerksbetriber, déi hei awer e wichtige Sektour fannen, wou se gebraucht ginn.

Här President, nach e Wuert zu den Avisen. D'Avisen zu dësem Projet sinn éischter positiv. Fir den Detail verweisen ech op mäi schrëftleche Rapport. Et bleift nach ze bemierken, dass de Statsrot véier Opposition-formellen hat, déi awer ganz licht behuewe konnte ginn, andeems mer verschidden Dispositiounen méi kloer erkläert hunn.

Här President, nohaltegt Bauen ass awer méi wéi Energieeffizienz. An deene leschte Joren huet d'Politik mam Energiepass a mat méi strengen energetesche Virschreften e Kader geschaaft, deen d'Energiespuere fir d'Awunner an de Fokus geréckelt huet. Beim Baue vun der Zukunft spillen awer ëmmer méi d'Nohaltegkeet vun de Materialien an eng ganz Rëtsch weider nohaltegt Kritären eng Roll.

Ee Stéchwuert ass hei zum Beispill déi gro Energie, also déi Energie, déi gebraucht gëtt, fir Material hierzestellen, fir et ze transportéieren, fir et ze demontéieren a fir et ze entsuergen. Net all Material ass gläich gutt a senger Ökobilanz. Ech ginn lech e Beispill: Aluminiumfënstere sinn duerch hir energieintensiv Herstellung am Verglach zu Holz- oder PVC-Fënstere zwar vläch manner ökologesch, mä well se méi wiederbestänneg sinn, sinn déi zum Beispill ganz géeegeent, fir déi zumindest an deem Deel no bausen, deen also der Witterung ausgesat ass, fir se do ze installéieren. A firwat net bannen e méi nohaltegt Material notzen, zum Beispill Holz?

A genee heifir, well d'Nohaltegkeet méi ass wéi en AA-Pass, huet d'Regierung e Projet de loi déposiert iwwert d'Lëtzeburger Nohaltegkeetszertifizéierung vu Wunngebaier, kuerz LENOZ. Ech wëll awer gare betounen, dass de LENOZ scho gréisstendeels ënnert dem Marco Schank ausgeschafft ginn ass, och wann an deem verleierende Projet nei ass, dass dorunner Aidé geknäpft ginn, fir och den néidegen Ureiz ze schafen, dësen Outil ze notzen.

De LENOZ ersetzt an Zukunft déi sougenannte gréng Hausnummer. D'gréng Hausnummer ass, wann een esou wëllt, eng Lightversioun vun där neier Zertifizéierung. Oder ëmgedréit,



de LENOZ ass eng Versioun 2.0 vun der grén-ger Hausnummer, déi elo schonns all Joer Eefamillenhaier auszeechent, déi besonnesch nohalteg gebaut gi sinn.

De LENOZ geet awer daitlech méi wäit. En ëmfaasst insgesamt 150 Kritären. Zil war et, eng fräiwëlleg Zertifizéierung unzebidden, déi esou komplett wéi méiglech ass. Ech betounen hei dat klengt Wuert „fräiwëlleg“, well et hei net dorëms geet, de Bauhäre weider Chargen opzeleeën, mä dësen an deene verschiddenen Akteuren um Terrain en Outil an d'Hand ze ginn, deen et hinnen erlaabt, méi bewosst Décisiounen ze treffen. De LENOZ ass dofir als Guide ze verstoen, wou jiddweree ka Punkt fir Punkt d'Nohaltegkeet vun deem engen oder deem anere Choix iwwerpräiwen.

Déi 150 Kritäre sinn a sechs Kategorien ënnerdeelt. Fir e puer Kritären erauszegräifen: Dat kann zum Beispill eng akustesche Isolatioun vun enger Wunneng sinn, well Kaméidi - an ech denken, dat misst deene meeschten hei bewosst sinn - ass eng Belaaschtung fir d'Leit. An déi Belaaschtung gëtt ganz oft ënnerschat.

Et sinn awer och Kritären technescher Natur dran, wéi zum Beispill d'Installatioun vu Solarzellen oder enger Reewaassernotzugsanlag. Mä och Kritäre wéi d'Méiglechkeet, en Haus alters- a behënnertegerecht ëmzebauen, also e barrièrefräit Wunnen, kommen am LENOZ vir.

Ech invitéiere fir de Rescht déi Leit, déi et interesséiert, sech eng Kéier dee ganze Kritärerkatalog anzueucken. Dat ass eng ganz interessant Lektür.

Här President, an deem Gesetzesprojet ass nei, dass finanziell Hëllef fir d'Ausschaffe vun der Zertifizéierung agefouert ginn. De virleienden Text proposéiert duerch en zousätzlechen Artikel am Gesetz vun 1979, dass déi Leit, déi sech derfir entscheeden, dës Zertifizéierung ze maachen, mat 1.500 Euro fir en Eefamilljenhaus a 750 Euro fir en Appartement vum Stat ënnerstëtzt kënne ginn, wa si déi Zertifizéierung vun engem Energieberoder maache loosse. D'Käschte fir de Stat belafe sech op ronn 300.000 Euro d'Joer. An et gëtt mat engen 180 bis 220 Dossieren am Joer gerechent.

Och hei, doriwwer eraus, gëtt et Subsiden, dës Kéier souguer ganz neier. De Kolleg Henri Kox wäert herno a sengem Rapport sécherlech agoen op déi substanziiell Hëllef, déi een an Zukunft kritt, wann een de LENOZ-Standard erreicht.

Nach e Wuert zu den Avisen. D'Avisen zu deem Projet sinn och éischter positiv, wat de Besoin vun deemem Outil ugeet. Et bleift nach ze bemerken, dass de Statsrot hei zwou Opposition-formellen drop hat, déi awer ganz licht ze behiewe waren, andeems éischters verschiden Elementer aus Règlement-grand-ducalen an d'Gesetz iwwerholl gi sinn, an zweetens ass dem Statsrot seng Propos, fir e Paragraf ëmzeformuléieren, iwwerholl ginn.

Här President, ech kommen dann zum drëtten Projet vum Pak Klimabank an nohaltegt Wunnen. Fir d'Wunne gëtt et eng ganz Rei staatlech Hëllef. Dat sinn op där enger Säit sozioekonomesch Hëllef, déi de Stéit mat méi engem klengen Portmonni hëllef, fir sech en Eegenheim ze leeschten oder eng Hand beim Loyer unzepaken. An op där anerer Säit hu mir Hëllef fir d'Energieeffizienz an nohaltegt Bauen. Dobäi kënnt selbstverständlech an Zukunft d'Méiglechkeet vun der Virfinanzéierung iwwert d'Klimabank.

Mat dem Guichet unique schafe mir elo eng eenzeg Plaz fir all d'Wunnhëllef. Dem Bierger ass et näamlech egal, wat fir eng Kompetenz bei wéi engem Ministère leien. De Bierger wëllt eng eenzeg Ulafstell, wou hie weess, dass hie gehollef kritt. A wat dann hannendru passéiert, wie wat fir en Dossier traitéiert, ass zumindest fir d'Leit dobaussen niewesächlech.

Et ass also an Zukunft no baussen, op Neilëtzebueresch, en „one-stop shop“, an no bannen eng Kollaboratioun, wou de Service Aides au logement an d'Émweltverwaltung Hand an Hand schaffen. Dat ass e gutt Beispill fir eng bürokratesch Vereinfachung am Interessi vum Bierger, déi och an deene verschiddenen Avisen vun alle Säite begréisst gi sinn. Fir den Detail verweisen ech och hei op mäi schrëftleche Rapport.

Nieft den Avisen vum Statsrot an de Chambres professionnelles sinn och zu deenen eenzelne Gesetzesprojeten Avisen vum OAL, vum Mouvement écologique a vun der CNPD erakomm, op déi ech aus Zäitgrënn net eenzel agoe kann, mä déi derwäert sinn, gelies ze ginn. An och hei verweisen ech op mäi schrëftleche Rapport.

Här President, de Package Klimabank an nohaltegt Wunnen, dee mir haut stëmmen, ass ee vu ville Schrëtt, déi néideg sinn, fir dem Lëtzebuerger Klimaversprieche vu Paräis konkret Liewen anzehauchen. Et ass awer e ganz wichteg Schrëtt, well mir heimadde als Land weisen, dass et eis seriö ass an dass mir Verantwortung iwwerhuelen, net nëmme fir eis selwer, mä och fir de Weltklima. De Potenzial, fir CO<sub>2</sub> anzespieren, ass am Wunnberäich net nëmme enorm, mä et sinn och Investitiounen, déi sech villfach rentéieren. All Investitioun, déi mir haut an en aalt Gebai maachen, wäert sech muer bezuelt maachen, bezuelt fir d'Bewunner, fir de Klima, fir eist Handwierk a fir de Stat.

Här President, Dir Dammen, Dir Hären, ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren an erschreckt elo net, ech ginn net den Accord vun eiser Fraktioun, mä dat iwwerloossen ech mengem Kolleg a gudden Frënd, dem Claude Lamberty, deen herno nach eng Kéier heirop agoe wäert.

► **Plusieurs voix.** - Très bien! Ooh!

► **M. Gast Gibéryen** (ADR). - Da sot Der, mir sollen eis net erschrecken!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*. - Mir freeën eis schonn.

(*Hilarité*)

Merci dem Här Rapporteur. An d'Wuert huet direkt deen nächste Rapporteur, den Här Kox.

**Rapport de la Commission de l'Environnement sur le projet de loi n°7046**

► **M. Henri Kox** (*déi gréng*), *rapporteur*. - Jo, Merci, Här President. Mäi Virgänger, de Max Hahn, huet de Gros schonn, wat d'Finalitéit vun deem Gesetz ugeet, erkläert. Dofir direkt am Ufank: Et geet hei ëm substanziiell Aiden, déi mat deem Gesetz wäerten d'Begleedung vun deem ganze Package maachen. Et geet drëms, d'Promotioun vun der Durabilitéit, der Utilisation rationnelle de l'énergie an natierlech vun den Energies renouvelables mat deem Gesetz ze förderen.

Dann ass natierlech och eng Ännerung am Gesetz vum 23. Dezember 2004 néideg, näamlech fir déi néideg Fongen och aus dem Klimafong da bereetstellen.

An direkt am Ufank kommen ech dann op déi méi technesch Daten, dass och hei bei deem Gesetz eng Rei vun Avisen komm sinn. Ech mengen, wéi virdrun och scho gesot, d'Chambre des Employés publics, d'Chambre de Commerce, d'Chambre des Métiers, d'Chambre des Salariés, alleguerten hunn hiren Avis plus ou moins positiv heizou ofginn. An och den Ordre des architectes et ingénieurs-conseils.

De Statsrot hat och eng Rei vu Bemerkungen ze maachen. Et muss een awer och soen, an dat war och bei deene Gesetzer virdrun, et waren e puer Opposition-formelle mat drageschriwwen ginn, näamlech och d'Erklärung, wat dann elo e Logement durable ass. A mat enger Navette mam Statsrot hu mer dat awer kënne clarifiéieren, soudass elo souwuel am Gesetz vu virdu wéi och an deem Gesetz ganz kloer drasteet, wat een dorënner versteet, an domadder och no baussen déi néideg Informatioun gemaach gëtt.

Et ass virdu gesot ginn, an dat ass och wichteg hei ze betounen: Dës Gesetz oder dese Pak schreift sech an an eng méi breet gefächert Klimapolitik, awer net nëmme Klimapolitik, och Logementspolitik, an et gesäit ee jo duerch d'Präsenz vun de Ministeren haut, dass et eng Gemeinschaftsaktioun ass. An dat ass wichteg. Et ass eng Cohérence des politiques, déi hei vun dëser Regierung ëmgesat gëtt. An dofir wëll ech dat och nach eng Kéier hei ganz kloer betounen.

Et huet d'Finalitéit natierlech, net nëmme eng Förderung ze maachen, mä et huet och d'Finalitéit, déi sougenannten Energiearmut e bësse besser kennen an de Grëff ze kréien. Awer et geet net duer, nëmme dës Moosnam vun deem Paket ze erwänen. Ech komme vläicht herno, wann ech nach eng Kéier hei op d'Bün kommen, wou ech kee Rapport maachen, da kann ech dat och nach eng Kéier betounen.

Et ass e Package vu véier. Och do ass virdrun nach eng Kéier gesot ginn, dass am Logementsberäich, et ass virdu vu 15% gesot ginn, ech hunn nach déi neiste Chifferen nogekuckt vun 2015: Mir sinn, wann een d'Logements habituels, also d'Wunnegebaier, an awer och déi Notgebaier wéi Büroen an esou weider zommerechent, souguer bei 18%. Dat heescht, et ass e groust Potenzial, wat gemaach gëtt.

Dës Gesetz ännert u sech en aalt Règlement grand-ducal, wat elo ausleef. Dofir ass et gutt, dass mer et haut stëmmen, dass mer näamlech zum 1.1.2017 erëm prett sinn, fir déi néideg Subventiounen ze ginn. Et ass de Règlement grand-ducal vum 12. Dezember 2012, wat heimadde geännert gëtt, wat gemengerhand ën-

ner PRIME House bekannt ass an dat de Marco Schank - hien ass schonn eng Kéier genannt ginn - och deemools mat op de Wee ginn huet.

Et ass, wéi gesot, ganz wichteg, well d'Ziler, déi mir ëmzesetzen hunn, an déi sinn och genannt ginn, eis Obligatiounen, déi mer zu Paräis mat ënnerschriwwen hunn, déi si substanziiell. Mir hunn ee Pad, eng Obligatioun fir 2020 ze errechen. Do si mer „on track“, wéi mer dat esou schéi soen. Mir wäerten dat Zil errechen. Mä d'Zil 2030 vu minus 40% ass natierlech nach vill méi grouss. A wa mer all soen, 2050 solle mer eng Dekarbonisatioun ustriewen, da wësse mer alleguerten, dass nach vill Aarbecht virun eis steet.

Wéi eng Subventioun gëtt dës Gesetz dann elo mat op de Wee an dee Package hei eran?

Et sinn éischters Subventiounen fir Neibau, et si Subventiounen fir d'Renovatioun an et sinn d'Subventiounen fir d'erneierbar Energien, déi am Beräich vum Logement kënne agesat ginn.

Wat ganz wichteg ass: Et ass d'Konstruktioun an den Assainissement, also de Renouvellement oder d'Verbesserung vun der Wunnstruktur, déi hei gemaach gëtt. Et ass och scho virdu gesot ginn, mir probéieren duerch Kritären, déi eragefloss sinn, an d'Gesetz ass LENOZ, dat ass gesot ginn, wa mer do déi néideg Kritären eraflësse loosse vun dem nohaltege Material, da kréie mer natierlech och heiduerch, duerch dës Gesetz e Bonus, wat d'Subventioun ubelaangt, an natierlech d'Simplification administrative ass och schonn ugeschwat ginn, wat ganz wichteg ass.

(*Mme Simone Beissel prend la présidence.*)

An dann ass och hei an deem Gesetz nei opgemaach ginn, näamlech dass net nëmme d'Personnes physiques, mä och d'Personnes morales hei bei der Renovatioun, well do wësse mer, dass ganz vill ze huelen ass, dass déi gläichzäiteg mat ënnerstëtzt ginn.

De Kritär vun der Énergie climatique politique (veuillez lire: vun der Politique énergétique et climatique) vun dëser Regierung ass awer och, muss ee fairerweis soen, vun där viregter Regierung scho mat op de Wee gesat ginn, dass engersäits d'Obligatiounen ëmmer méi streng ginn, insbesondere wat Neibauten ubelaangt. Dat ass esou e bëssen de Prinzip, dass ee méi streng, méi séier op en Zil hischafft. An op där anerer Säit sinn awer d'Hëllefstellungen ganz wichteg, d'Hëllefstellungen, mengen ech, déi do musse kommen, fir dass dat och esou séier wéi méiglech ëmgesat gëtt.

An dat Instrument vun der Klimabank ass eng zousätzlech Partnerschaft, fir näamlech niewent de Subventiounen dann och nach aner Beräicher mat an d'Boot ze kréien. Dës gëllt souwuel, wat d'erneierbar Energien ubelaangt, mä och, wat den Assainissement vu Gebaier ugeet.

Ech kommen dann op déi eenzel Punkten.

Dat ass eng Kéier, wann een en neit Gebai baut, wësst Der, dass ab dem 1.1.2017 eng Rei Kritäre genannt ginn, déi natierlech anzehale sinn. Fir en Neibau, do sinn d'Kritäre méi verschäerft ginn. Wann een awer hei méi eng pousséiert Renovatioun duerchféiert, dann hu mer dofir de LENOZ, deen eis déi néideg Kritären dann erfüllt. An dee LENOZ seet eis jo: Wéi ass et mat der Ekologie? Wéi ass et mat der Technik, déi do dann an deem neie Gebai installéiert gëtt? Wéi ass et mat der Fonctionnalitéit vun deene Kritären? A wann ee 60% vun deene Kritären erfüllt huet, da kann et awer eng substanziiell Erhéijung ginn, an dat beleef sech bei enger Neikonstruktioun bis op 24.000 Euro, wat u sech net näischt ass.

A well mer gesot hunn, dass d'Appartementshaier, also d'Wunnunitéiten, wou méi Leit ebe wunnen, dass déi bis elo außen vor waren an dass et wichteg ass, wéi de Max Hahn och dat virdu gesot huet, dass et dem Klima u sech egal ass, wou mer den CO<sub>2</sub> kënne aspieren. An dofir ass och hei eng substanziiell Ennerstëtzung do an déi geet bis 14.600 Euro. Dat ass, wat den Neibau ugeet.

Den Assainissement ass och ganz wichteg, d'Renovatioun. Mir mussen effektiv den Altbaubestand mobiliséieren. Mir wëssen, mir doen eis do e bësse méi schwéier, fir déi drunze kréien. Dofir ass jo déi Aide ganz wichteg, dass ee seet: Mir kënne e Vorschuss kréien a mir ginn da Suen zur Verfügung, fir dat meescht dann unzepaken. An hei kommen awer och substanziiell Aiden derbäi.

Ech ginn elo net op déi eenzel Kritären an, well dat geet e bëssen ze wäit. Et fënnst ee se op deene Sitten, op guichet.lu kann een déi Kritäre fannen. Wat fir mech awer ganz wichteg ass, wat ze ënnersträichen ass, also d'Ekologie gëtt gekuckt, et gëtt awer och gekuckt, dass ee wäit mat der Isolatioun geet, dass een et richtig mécht. An dofir wëll ech extra op ee Punkt agoen, mengen ech, dat ass awer dee wichtigsten, deen awer bäikommt ass, dat ass dee vum Conseil agréé.

Dat ass deejéinegen, deen hëllef, éischters emol e Projet opzebauen, de Projet esou gutt wéi méiglech no den neisten Technologien, no de Kritären, déi mer virdu gesot hunn, an dann domat awer e Package ze maachen. An dann eréischt soll am Guichet unique den Accord de principe gemaach ginn, wat och ganz wichteg ass, an da gëtt de Suivi gemaach.

Mir wëssen alleguerten, déi an de Gemengen tätég sinn, wann eng Baugeneemegung ausgestallt gëtt an et geet ëm de Contrôle vun der Isolatioun: Ass se dann och elo esou ausgefouert ginn oder net?, dann, mengen ech, ass et awer hei gutt, dass duerch dës Gesetz e Conseil énergétique mat erakënnt, deen d'Begleedung vun der Emsetzung mécht. An do huet et oft gehapert, mengen ech, soudass dat zu engem ganz positiven Effekt wäert féieren an dass mer wierklech do och eng Rei méi där Projeten elo wäerte kréien.

Ech mengen och, hei geet d'Regierung hin an ënnerstëtzt dat mat engem Betrag, an dat ass och erëm wichteg. Ech mengen, mir mussen d'Leit entsprechend an deem Fall vun der Erneuerung oder vun der Sanéierung an d'Hand huelen. An da gëtt d'Zil och éischter erreicht.

Da vläicht zu den erneierbaren Energien. Ech mengen, och do ass et wichteg, déi Subventiounen wäerte weider bleiwen. Et ass virdu gesot ginn, dass den Energiepräis déif ass. Mir wësse jo och, firwat den Energiepräis déif ass, well en u sech verstoppte Käschte mat dran huet, déi en awer net a sengem Präis huet. Ech mengen, all d'Émweltkäschte vum CO<sub>2</sub>, do doe mer eis jo schwéier, do doe mer eis ganz schwéier, endlech e Präis, e gerechte Präis deem CO<sub>2</sub> ze ginn. Dofir musse mer déi erneierbar Energien dann entsprechend förderen.

An dofir ass et ganz wichteg, dass d'Solarthermie, also d'Waarmwaasserproduktioun weiderhi gutt ënnerstëtzt gëtt, substanziiell mat 50%, awer de Bonus, deen derbäikënn, dat ass, wann een eng Kombinatioun zum Beispill mat Holz mécht, da kënnt en Dausender mat drop. Ech mengen, dat sinn Hëllefstellungen, déi wichteg sinn. A wann den Energieberoder dat och richtig de Leit mat op de Wee gëtt, da sinn ech sécher, dass et och wäert weider zu erfollegräichen Applikatiounen kommen.

Dann, d'Fotovoltaik ass weiderhin ënnerstëtzungsberechtigt mat 20%, soudass mer och bis zu engem Montant vu 500 Euro pro Kilowatt... Mir wëssen, dass insbesondere d'Fotovoltaik an deene leschte Joren eng extrem präiswäert Technologie ginn ass, haut souwuel méi wäit wéi deels Atomkraftwierker, déi mer dohier nach wëllen opriichten, soudass dat och weiderhi vun dëser Regierung wäert ënnerstëtzt ginn.

Dann ass d'Wärmepompe och nach ëmmer an der Ennerstëtzung, och 50%, an och do d'Kombinatiounen. Ech mengen, dat ass wichteg. Do ginn et substanziiell Erhéijungen. Dofir ass et gutt, dass an deem Guichet unique, wou d'Leit zesummekommen, déi eenzel Ennerstëtzen da kënne erkläert ginn an och drop higewisen ass, wou et sënnavoll ass a wou et net sënnavoll ass, déi eng oder déi aner Technologie anzusetzen, an dass am Endeffekt, an dofir zum Schluss vläicht och do nach eng Kéier e Beispill, wat ee sech kann erwaarden, wann een eng substanziiell Renovatioun mécht.

Dat zum Beispill bei engem neie Gebai, wou een och nach dat meescht un erneierbaren Energie mat aflësse léisst, da kann een awer, wann ee seet, ech huelen alles, déi 24.000 beim Bau, bei ekologesche Materialien, an da kommen awer all déi Technologien derbäi, dass een herno ënnert dem Stréch op 35.000 Euro ka kommen. A wann een d'Rechnung mécht längerfristeg, gëtt dat Haus am Gebrauch herno am Fonctionnement vill méi bëlleg, wéi wann een dat klassesch géif ugoen.

Dann e Beispill och nach, wann een en Haus wëllt renovéieren, ben, do gëtt et verschide Standarden. Wann een elo de Mëtzelstandard hält an et probéiert een, d'Fassad, den Daach, all Méiglechens dann och gutt ze maachen, mat der Hëllefstellung vum Energieberoder, da kënnt een, wann een eng reng thermesch Sanéierung duerchféiert, op - soe mer hei - 26.000 Euro. A wann een all d'erneierbar Energien nach mat derbäiberechent, da komme mer op 45.000 Euro.

Sou, mir hunn déi 40 Minuten opgebraucht, déi zwee Rapporturen. Ech denken, dass mer hei e gudd Package zesummegechnüürt hunn. Déi gutt Zesummenaarbecht, déi mer an deene Kommissiounen haten, dofir kommen ech... Ech kommen herno nach eng Kéier erop, soudass ech elo nach net den Accord gi vun der grénger Partei, awer dat war dann d'Präsentatioun vum véierte Gesetz vun deem Package.

Merci.

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance*. - Merci dem Rapporteur Henri Kox. Als



éischten ageschriwwene Riedner hunn ech den Här Marco Schank.

► **Une voix.**- Très bien!

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance.*- Här Schank, Dir hutt d'Wuert.

### Discussion générale

► **M. Marco Schank** (CSV).- Madamm Presidentin, léif Kolleeginnen a Kolleegen, mir stëmmen haut de Mëtten iwwer eng Serie vu véier Projeten, Gesetzestexten of am Beräich Logement an Ëmwelt respektiv Klimaschutz. D'Zil vun dese Gesetzter - et ass daitlech ginn duerch déi zwee Rapportereuren - ass d'Promotioun vum nohaltege Wunnensbau an dat konkret iwwert d'Sanéierung, d'energetesch Sanéierung an natierlech och erneierbar Energien.

Am Resümee geet et ëm véier Aspekter: éischens, d'Aféierung vun de sougenannte Prêts climatiques am Kontext nohaltege Wunnensbau, zweetens, d'Aféierung vum Lëtzebuerger Nohaltegkeetscertificat, dem LENOZ, drëtzens, d'Asetze vun engem Guichet unique am Beräich vun de Wunnensbäihëllefen, a véiertens ëm déi sougenannten „PRIME House“, déi elo zum Schluss vum Rapporteur Henri Kox virgestallt ginn ass.

An ech well, Madamm Presidentin, direkt am Ufank deene béide Rapportere Merci soe fir hiren ausféierleche mëndlechen an och schrëftleche Rapport, dem Max Hahn an dem Henri Kox.

Ech wollt och direkt am Ufank soen, datt d'CSV-Fraktioun déi véier Projete wäert stëmmen,...

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Marco Schank** (CSV).- ...an dat aus enger Rei vu Grënn, ënner anerem éischens, well se an der Kontinuitéit vun deem leien, wat och déi viregt Regierung ugestouss huet, an zweetens, well och eng Rei elementär Aspekter iwwerholl goufen, déi schonns um legislativen Instanzewee waren.

Mir begrëissen also déi Projeten, déi haut zum Vott stinn. A mir begrëissen och, an ech soen dat kloer an daitlech, datt verschide vun deenen initiale Proposen an deene véier virleende Projete positiv adaptéiert an erweidert goufen. Dat ass gutt, well ëm wat geet et am Endeffekt?

D'Zilsetzung ass ganz kloer déi - dat ass och daitlech ginn an de Rapporte virdrun -, d'nohaltegt Wunnen ze favoriséieren, d'Energieeffizienz ze steigern, datt d'Leit net an d'Energiefal rutschen, ass ee ganz wichtege Aspekt, an dat Ganzt duerch eng Panoplie vu Moossnamen, fir de Leit dobaussen, méiglechst ville Leit dobaussen entgéintzegoen, datt se kënnen profitéieren dovunner, an net nëmme d'Leit dobaussen an hiren Haiser, an hire Wunnengen, mä och eis Betriber, eis Handwierksbetriber, d'Entreprise um Bau, déi hei wäerte kënnen profitéieren. A last but not least och de Klimaschutz insgesamt.

Datt mer do aktiv ginn, wou nach ganz vill Reserve sinn, dat ass selbstverständlech am Bestand bei der Albusanierung. An ech wollt dann och eppes zum Klimaschutz soen. De Klimaskriptier sief gesot, datt et esou ausgesäit, wéi wann d'Joer 2016 weltwäit d'Temperaturrekorder nach eemol wäert brieche par rapport zu deene Jore virdrun, 2014 an 2015, also déi Virgängerrekordjoren, an als wärmste Joer déi Joren iwwertreffe wäert, an och d'Symptomer vun der Aerderwärmung brieche all Rekorder.

Mir sinn zu Marrakesch gewuer gi vun der Weltorganisatioun vun der Meteo, der WMO, datt d'Konzentratioun vun Zärgasen an der Atmosphär ëmmer méi héich gëtt, datt d'Mieresäis an der Arktis zréckgeet an och déi extrem Wiederphenomeener zouhuelen.

Da well ech och soen, datt d'Regierung am Kontext vun dese véier Gesetzter d'Rad awer elo net nei huet missen erfannen. Duerfir well ech och e kuerze Bléck zréck maachen.

Den 8. Abrëll 2011, dat sinn elo iwwer fënnf Joer hier, hunn ech op enger Pressekonferenz deemools de Paquet Logement presentéiert. A fir d'Saachen ausereneezhalen: Paquet Logement ass net de Pacte Logement, deen ass nach an der Regierung do virdru komm gewiescht.

An dese Paquet Logement huet eng 21 Punkte beinhalt, dorënner eben och eng Partie, déi an deene véier Projeten zréckkommen. Dës Propose waren op verschidde Punkten net esou wäit ausgedäitscht, wéi dat haut an de Projeten ass, mä d'Soussrichtung an d'Zilsetzung waren deemools schonn déiselwecht. Ech ziele se nach kuerz op.

Éischens war dat d'Aféierung vun engem, deemools hu mer dat „Éco-prêt à taux zéro“ genannt fir d'Albusanierung fir d'Leit mat klenge Akommes; zweetens, d'Upassung vun der traditioneller Bonifikation d'Intérêt an eng Éco-

bonifikation, gekoppelt u Kritäre vun der Energieperformanz; drëtzens, d'Zertifizierung vum nohaltege Bauen; véiertens, eng steierlech Measure, de sougenannten Amortissement accéléré fir Investissementer bei der Sanéierung vu Mietwunnengen, e wichtege Aspekt, a fënnfens, d'Ofännerung ebe vum Règlement iwwert d'Performance énergétique vun de Wunnegebaier, ënner anerem och weinst den Échéancen, déi mer jo haten a wou mer elo - et ass gesot gi virdrun - ënner anerem ab 2017 just nach AA-Haiser am Neibau zouloossen.

Dës Mesuren a vill anerer sinn dunn an ee Projet de loi agefloss, de Projet de loi relative à la promotion du logement et de l'habitat durables, deen den 20. Juni 2013 an der Chamber déposéiert gouf. An, wéi den Titel et seet, war den Objet vun deemem Projet selbstverständlech d'Promotioun vum nohaltege Bauen. De Projet ass och duerch d'Bank positiv aviséiert gi gewiescht, och vun enger Chambre des Métiers, och vun engem Mouvement écologique. Just den Avis vun dem Statsrot stoung nach aus.

Madamm Presidentin, mir hunn eis deemools och gefreet, muss ech lech soen, wéi dem Minister Marc Hansen seng Virgängerin, d'Maggy Nagel, an där éischter Logementskommissioun, déi mer haten am Januar 2014, ugekënnegt huet, de Projet géif vun där neier Majoritéit ëmgesat ginn. An deemools huet et geheescht, et géif just op den Avis vum Statsrot gewaart ginn an déi entsprechend Réglements grand-ducaux wieren amgaangen ausgeschafft ze ginn.

Dunn huet d'Ministesch awer néng Méint méi spéit an der Kommissiounssetzung vum 23. Oktober 2014 gesot, de Projet géif amendéiert ginn, fir dunn nach eemol fënnf Méint méi spéit ze decidéieren, de Projet am März 2015 zréckzezéien.

Dës ass der Regierung hiert gutt Recht. Mä mir fannen et schued, datt et deen Hin an Hier vun ëmmerhi 15 Méint gouf, an dunn no annerhallwem Joer bis d'Regierung den 31. August respektiv de 15. September du véier Projeten nei op den Instanzewee ginn huet. A Projeten, déi sech weinstens a puncto Zilsetzungen an Nohaltegkeetskritären net riseg vun deem ënnerscheet hunn, wat 2013 schonn um Dësch louch.

Mir sinn awer zefridden, datt mer haut kënnen doriwwer ofstëmmen. A mir sinn zefridden, datt esou manche Punkt an déi véier Projeten iwwerholl ginn ass, wann och net zu 100%, mä awer datt d'Basisiddien allemol do zréckgehall goufen.

Ech erënneren och drun, datt de Kolleeg Marc Lies am Kader vun deem Débat Logement, dee mer 2015 hei am Haus haten, och eng Proposition de loi déposéiert hat, fir an zwee Punkten nach eng Keier op dee Projet de loi zréckzekommen, nämlech beim Prêt à taux zéro fir d'energetesch Sanéierung an eben och am Kontext vun de Kritäre fir d'Salubritéit, d'Hygien an d'Sécurité am Wunneberäich.

Op deser Plaz wollt ech dann och e puer Wuert zu deene véier Projete soen.

An éischter Linn well ech hei op d'Aféierung vum Klimaprêt à taux zéro respektiv taux réduit agoen, de Projet 7055. De Grondgedanke vun där Moossnam ass et eben, mannerbemëttelte Leit a Stéit eng energetesch Sanéierung vun hirer Wunneng virzefinanzéieren, woubäi de Stat och - ech mengen, dat ass e wichtege Aspekt - d'Garantie vun de Préten iwwerhëlt. Dës ass eng effikass Measure géint d'Energiearmut, well fir vill vun dese Leit stellen nieft de Wunnkäschten d'Heizkäschten dacks dee gréissten Deel vun den Dépense vun engem Stot duer.

Et ass, wéi schonns gesot, eng Win-win-Situatioun, well duerch d'Energieaspuere solle sech zumindest zum Deel d'Sanéierungskäschte quasi selwer finanzéieren. A fir sozial schwache Stéit ass een Nullzënsprêt jo do virgesinn. Awer och besserbemëttelt Leit souwéi Betriber, et ass virdru gesot ginn am Rapport vum Kolleeg Max Hahn, kënnen an de Genoss vun deem Prêt kommen, awer dann net zum Nullzëns, mä zu engem reduzierten Zënsaz.

Mat der Aféierung vum Taux réduit mécht d'Regierung daitlech Faveuren, well hei net no soziale Kritäre viru gekuckt gëtt, an dat verwonnert dach. Als Beispill: Ech erënnere mech, deemools beim Eropsetze vun der TVA Logement bei Zweetwunnenge vun 3 op 17% ass do nach anescht argumentéiert ginn.

### (Interruptions)

Ob des Offer als solch an deemem Moment bei natierlechen histoeresch niddregen Zënsätz vun de Leit wäert wouergehall ginn, dat bleift ofzewaarden. Mir wënschen eis dat. Och ass d'Prozedur, bis et zum Ofschloss vun esou engem Prêt ka kommen, net ëmmer gradesou einfach. Op jidde Fall, d'Accordéiere vun de Kreditter erfollegt an Zesummenaarbecht mat de Ban-

ken, déi mam Stat eng Konventioun mussen ofschléissen, dat ass och virdru gesot ginn, wann een esou Prête wellt ubidden.

An an deem Zesummenhang wier et interessant, och vum Logementsminister, dem Marc Hansen, ze héieren, ob et schonn Démarché gouf - ech ginn dovunner aus - a wéi wäit déi scho gedie sinn, datt mat de Banken op der Plaz kënnen esou Konventiounen ënnerschriwwen ginn.

Ganz wichteg ass am Zesummenhang vun deesen neie Mesuren och den Aspekt vum Informéieren a vum Sensibiliséieren vun de Biergerinnen a Bierger, wann ee wellt Succès hu mat dese Mesuren; ech mengen, datt dat e wichtege Aspekt ass. Et muss de Leit matgedeelt ginn, datt et an Zukunft eben des Offer gëtt, an hinnen, mengen ech, och virun allem unhand vu konkrete Beispiller daitlech gemaach ginn, wat d'Virdeeler vun der Energiesanierung kënnen fir si duerstellen.

Vill Leit, virun allem mannerbemëttelt Stéit, sinn dacks retizent, wann et drëm geet, e Prêt opzehuelen, well se dann eng Schuld hunn, déi se belaauscht. An duerfir ass et ëmsou méi wichteg, kloer ze weisen, datt et eventuell kee Käschtepunkt ass, mä een Invest an d'Zukunft, en Invest an Energiespueren.

A mir ginn och dovunner aus, datt d'Regierung elo schonns e konkret Konzept am Tirang huet, an de Minister respektiv déi béid Regierungsvertrieeder elo op den Terrain ginn, fir déi nei Mesuren an Aiden ze erklären an ze promovéieren. Ech denken, datt deen Effort wichteg ass. Also duerfir och meng Fro un de Minister respektiv d'Ministesch, ob esou eng Démarche geplangt ass, a wa jo, wéi eng dat dann ass.

Madamm Presidentin, en anere Projet aus der Serie ass de Gesetzesentwurf 7053, mat deem en neie fakultativen Zertifizierungssystem am Logement soll agefouert ginn, nämlech de LENOZ. Hei geet et net fir d'Lescht drëms, d'Sensibilitéit fir de Sujet vum nohaltege an och am Sënn vum gesonde Wunnen dobaussen eropzesetzen.

Et ass och scho virdru gesot ginn, zënter 2008 gëtt et dee vereinfachte System vun der grénger Hausnummer, fir nohaltegt Wunnen ze zertifizéieren. An des gréng Hausnummer stoung och um Ufank eigentlech vun de Beméiunge vun der viregter Regierung, fir äänlech wéi am Ausland och fir Lëtzebuerg eng Zertifizierung auszeschaffen. An Dir kennt déi Modeller, déi Systemer am Ausland, zum Beispill an Däitschland den DGNB, Deutsche Gesellschaft für Nachhaltiges Bauen, oder de BREEAM, deen aus England kënnt, vun engem brittesche Forschungsinstitut entworf ginn ass, respektiv den NF Habitat aus Frankräich.

Vill Leit sinn haut mat Allergien ënnerschiedlechster Aart geplot a reagéieren op schiedlech Wirkstoff, op schiedlech Produkter, wéi zum Beispill Léisungsmëttel, wéi se a Faarwen, wéi se a Collen oder Äänlechem ze fanne sinn. A wann een en neit Haus no dem LENOZ-Prinzip baut, kann dese Problemer Rechnung gedroe ginn an déi op ee Minimum limitéiert ginn. An ech mengen och, datt déi Zertifizierung, de LENOZ, ganz wichteg ass, fir spéider e Keefer ze fannen, wou ee jo ka ganz transparent genee opweisen, ma esou ass d'Haus gebaut ginn, esou gesond sinn déi Baustoffe gewiescht, déi agesat goufe beim Bau vum Haus, an datt och d'Haus oder d'Wunneng u Valeur gewënnt. An ech mengen, datt dat e wesentlechen Aspekt ass.

Wichteg ass beim LENOZ, eiser Meenung no, och, datt een no enger éischter Phase de démarrage och relativ séier kuckt, fir eng Evaluatioun ze maachen, an ënner Ëmstänn dann och, wann et néideg ass, Réajustementen ze maachen; iwwerengs eppes och, wat ënner anere d'Chambre des Métiers gesot huet, wat sënnavoll wier. An duerfir wollt ech och an deem Sënn eng Motioun hannerleeën, Madamm Presidentin.

### Motion 1

*La Chambre des Députés,*

• *constatant que la mise en place du certificat «LENOZ» («Lëtzebuerger Nohaltegkeets-Zertifikat fir Wunnegebaier») constitue un élément du paquet «Klimabank an nohaltegt Wunnen» du Gouvernement;*

• *saluant que cette certification vise à accroître la sensibilité au sujet de la durabilité des logements et la transparence du marché immobilier;*

• *constatant qu'outre la performance énergétique, les impacts des matériaux de construction sur le bien-être et la santé, l'accessibilité, le trafic ou encore d'autres éléments sont pris en compte pour évaluer la durabilité des logements;*

• *constatant que la certification LENOZ est une certification volontaire et qu'à partir de 2017 une certaine sélection de critères est à la base des critères d'éligibilité pour le régime d'aides finan-*

*cières «PRIME House» en cas de nouvelles constructions;*

• *estimant qu'un bâtiment durable certifié va générer des retours sur investissement plus longtemps qu'un bâtiment non durable;*

• *saluant qu'une aide financière pour l'établissement de ce certificat est prévue, afin d'encourager la propagation de cette nouvelle certification;*

• *estimant cependant que la certification ne sera couronnée de succès que lorsqu'elle sera simple et facile à utiliser,*

*invite le Gouvernement*

• *de faire une évaluation après la phase de démarrage et de procéder à des réajustements le cas échéant,*

• *à promouvoir les nouveaux procédés de construction activement auprès des maîtres d'ouvrages, des maîtres d'œuvre et des entreprises, des bureaux de conseil et des conseillers en énergie agréés.*

(s.) Marco Schank, Sylvie Andrich-Duval, Félix Eischen, Marc Lies, Marcel Oberweis.

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance.*- Merci.

► **M. Marco Schank** (CSV).- De LENOZ-System ass doriwwer eraus awer ausschlaggebend, dat ass virdrun och gesot ginn, bei der Attributioun vun den neie PRIME-House-Bäihëllefen, wou ebe méi e staarken Akzent op d'nohaltegt Wunne geluecht gëtt, wat d'energetesch Sanéierung vun de Gebaier ubelaangt. An iwwerengs ass et och normal, ech soen dat dann, datt d'PRIME House, d'PRIME-House-Reglement ugepasst gëtt, well jo ab dem 1.1.2017 AA-Haiser Standard ginn, Passivhaier Standard ginn.

An der Vergaangenheet war et awer sécher déi richteg Décisioun, fir verstärkt Bäihëllefen ze ginn, fir d'Leit dobaussen ze sensibiliséieren, fir Energiespuerhaier, duerno Niddregenergiehaier respektiv Passivhaier ze bauen. An ech mengen, datt een dat och mierkt déi lescht Joren, datt virun allem och jonk Stéit dorobber zréckgegraff hunn, net gewaart hu bis 2017, wou et da Standard ass, mä scho virdrun och deen Incentive, deen de Stat ginn huet, dee Coup de pouce matgehall hunn, fir Wunnengen opzerichten, Haier opzerichte mat ganz niddregem Energieverbrauch.

Och nach ee Wuert zum drëtten Projet de loi, dem 7054. Ech mengen, datt d'Noutwendegkeet fir d'Mise en place vun engem Guichet unique, fir all d'Aiden am Wunnen zesummenzebréngen, déi sozioekonomesch, déi am Logementsministère si respektiv waren, an déi ekologesch Aiden, déi am Environnement waren, dat ass mir selwer deemools zimlech séier bewosst ginn, besonnesch well ech och déi zwou Kapen hat, de Logement an den Environnement. An duerfir, mengen ech, ass dat definitiv eng gutt Saach, datt dat elo prett gëtt, fir de Leit dobaussen et méi einfach ze maachen, sech un eng eenzeg Stell, un en eenzege Büro fir all d'Aiden ze adresséieren, egal, wéi gesot, ob et sech ëm d'sozioekonomesch oder ëm ekologesch Aiden handelt. An dat ass ganz kloer eng Measure vu Simplification administrative. An ech denken och, datt d'Chambre des Métiers recht huet, wa se an hirem Avis seet, datt och dat eng Viraussetzung ass, fir datt um Enn den Traitement vun den Dossieren och nach méi séier, méi reibungslos ka fonctionnéieren.

Dann de véierte Volet respektiv de Projet 7046, wat jo d'Reform vun dem Regimm vun de Bäihëllefen ass, do well ech net ze vill laang drop agoen, deen ass relativ technesch. Do sinn eng ganz Partie Saachen dran, déi am Rapport vum Henri Kox jo gesot goufen. Dat ass e wesentlecht Instrument, fir einfach den nohaltege Wunnensbau dobaussen attraktiv ze maache weiderhin. An duerfir, wéi gesot, ass dat ee wichtege Aspekt, fir déi ambitiéis Ziler och vu Lëtzebuerg am Klimaschutz ze erreechen en vue vun 2020, awer och doriwwer eraus, well jo am Kader vun dem europäeschen „effort sharing“ déi minus 40% am Raum stinn. An dat ass eng richtig Eerausforderung.

No den ausféierleche mëndleche Rapporte vun de Kolleegen Hahn a Kox muss een, mengen ech, och bei der PRIME House, beim Weiderféiere vum PRIME-House-Reglement net op d'Detailer agoen. Vlächit just zwee Changeementer, déi wesentlech sinn. Dat éischt ass deen, datt d'Nohaltegkeetskritären an de Régime d'aides agebonne ginn. Ech mengen, dat ass ee wichtege Aspekt. An dann och, datt méi attraktiv Subventiounen am Kontext vum thermeschen Isoliermaterial an Zukunft méiglech sinn.



Souwäit wéi ech et iwwerblécken, ass net ganz vill geännert gi bei den Aiden am technesche Beräich, also bei der Fotovoltaik, bei den thermesche Solaranlagen, de Wärmepumpelen, den Holzchaudiären oder och de Wärmenetzer.

Madamm Presidentin, wann d'Majoritéit seet, hir Propose wieren der Evolutioun ugepasst a géife méi wäit goen, wéi déi aus dem Projet vun der viregter Regierung, da fällt mir och keen Zack aus der Kroun, fir ze soen: Dat ass esou!

### (Brouhaha)

Wat fir eis zielt, ass dat, wat fir d'Leit an eise Land u Positivem herno derbäi erauskënnt. An duerfir soen ech och nach eng kéier: Et ass wichteg, datt d'Regierung higeet a wierklech d'Promotioun vun deene Mesurë mécht, well vum selwe geet dat ganz sécher net.

Vläicht awer nach ee Saz zu engem Punkt, wou ech respektiv déi viregt Regierung wollt méi wäit goe wéi dat, wat mer elo hunn. Ech wëll dee just ernimmen och am Kontext vun der Energiearmut. No der Philosophie vun der AIS, der Agence immobilière sociale, war eis Iddi déi, fir eng staatlech Käschtebedeelegung am Kontext vun enger Gestion locative sociale fir d'Gemengen an d'Institutionen anzeféieren. Ech mengen nach ëmmer, datt dat eng gutt Saach wier.

Um Enn wollt ech der Ëmweltministesch awer och nach eng Fro stellen, déi mam weidere Virgoe vun der Regierung am Kontext Klimaschutz zesummenhängt. A si ass mer jo net béis, ech hunn déi Froe schonn dräi- oder véiermol gestallt. Elo viru Chrëschttag kréien ech méiglecherweis och eng Äntwert.

An der Vergaangenheet hunn ech scho méi dacks op dëser Plaz drop higewisen, datt, wa mer déi Challenges unheulen, déi ustinn, a wou mir gären och een Deel sinn, fir déi Eerausforderung vum Klimaschutz ze meeschteren, datt een dann d'Biergerinnen an d'Bierger muss an d'Boot huelen, datt een d'Zivillgesellschaft am Boot brauch, well ouni e staarke Réckhalt an der Regierung (veuillez lire: an der Bevëlkerung) geet dat net. A wann ee wëllt dat Abezie vum Zivillgesellschaft strukturéieren, da muss een och duerfir ee Konzept hunn. An ech hat deemools an där Proposition de loi, Dir erënnert lech, proposéiert - dat ass ee Wee, et ginn och vläicht anerer -, fir ee Partenariat vun der Zivillgesellschaft, also de Gemengen, den ONGen, de Gewerkschaften, dem Patronat an esou weider zesummenzesetzen.

Wéi gesot, et ginn och aner Méiglechkeeten. An ech denken och dodrun, well déiselwecht Diskussioun hu mer elo am Kader vun dem Débat iwwert de qualitative Wuesstum zu Lëtzebuerg! An ech hunn dem Minister fir Landesplanung, dem François Bausch, eben déi Fro gestallt gehat: Wéi maacht Dir dat dann elo, fir d'Zivillgesellschaft ze participéieren? An ech muss soen, op déi Fro hunn ech eng Äntwert kritt, wou een duerchaus ka soen, déi gëtt engem Satisfaktioun! En huet mer gesot: Mir hunn eben e participative Prozess virgesi mat enger „crowdsourcing“-Campagne, duerno engem Grupp vun Experten, déi dann déi Äntwerten evaluéieren, mat uschléissend Interviewen, regionalen Approchen an, an, an. Ech muss soen, dat fannen ech eng sënnvoll Approche, fir dat ze maachen. Dat wënschen ech mer dann awer och am Klimaschutz! Duerfir wollt ech einfach nach eng kéier nofroen: Ass do scho gewosst, wéi mer virginn, fir d'Zivillgesellschaft am Klimaschutz anzebannen? Ech wier frou iwwer eng Äntwert.

An da wëll ech eng allerlescht Fro stellen, an dat ass déi, ob respektiv wéini den Nohaltekeetscheck kënnt, deen am Regierungsprogramm steet.

An domat, Madamm Presidentin, wollt ech hircu soe fir d'Nolauschteren, ouni ze widderhuelen, datt mir als CSV-Fraktioun déi véier Projekte wäerte stëmmen. Merci!

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance.* - Merci dem Här Schank. Als nächst Riednerin hunn ech ageschriwwen d'Madamm Taina Bofferding. Oder?

► **M. Alex Bodry** (LSAP). - Neen, ech mengen net.

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance.* - Ben, op menger Lëscht ass et d'Madamm Bofferding.

### (Interruptions)

Ech mengen, dat ass och richtig, vu dass de Rapporteur vun der DP war. Et ass un der Madamm Bofferding!

### (Interruptions diverses)

Da sidd ganz gentil, da maache mer Ladies first! Maache mer Ladies first. D'Madamm Bofferding fänkt elo un.

► **Mme Nancy Arendt** (CSV). - Selbstverständlich!

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance.* - Madamm Bofferding, Dir hutt d'Wuert. Elo muss se kämpfe bis de leschte Moment heil!

► **Mme Taina Bofferding** (LSAP). - Jo. Merci, Madamm Presidentin. Bei eis am Land gestalt sech den Accès zu bezielbarem Wunnraum fir ganz vill Leit nach ëmmer schwierig. Deen zënter méi wéi zwee Jorzéngten op der Säit vun der Demande entstoeenden Drock gëtt duerch déi verännert sozioekonomesch Situatioun vun de Ménagen, wéi Singleménagen, Monoparentaux oder och Bevëlkerungsalterung, awer och duerch de staarke Bevëlkerungswuesstum, sprécht d'Immigratioun nach verstärkt. Opgrond vun dësen Entwécklungen versicht déi ëffentlech Hand, nei Solutiounen ze fannen a bestoend Instrumenter vun der Logementspolitik ze verbessern.

De Stat offréiert eng Panoplie u Mesuren zur Ennerstëtzung vu perséinlechen Initiativen zum Bau, um Kaf, dem Lounen oder der Renovatioun. Dës Initiativen, déi elo mat deenen eenzelne Projet-de-loie wäerte geholl ginn, si keng Bähillefen, déi d'Wunnengsoffer méi bëlle gestalten oder de Bau vu soziale Wunnengen wäerten ukuerbelen. Dofir sinn Efforte gemaach ginn, wéi zum Beispill d'Verduebelung vum Budget fir de soziale Wunnengsbau, méi Moyene fir d'SNHBM an och de Fong oder, e weidert Beispill, d'Besteierung vun eidel stoendem Wunnraum a broochleiden Terrainen, déi verschidde Gemengen agefouert hunn, d'Ewechfale vun der Valeur locative, net ze vergiessen déi nei Aspekter, déi mat der Steuerreform a Kraaft trieden, genau sou wéi d'Modifikatiounen fir d'Ofsetze vum Bausparvertrag an, nach e weidert Beispill, d'Aféierung vun der Subvention de loyer, wou mer och iwwerengs duerfe gespaant sinn, wann deen éischte Bilan gezu gëtt, fir ze kucken, ob dann och schlussendlech all déi Leit, deene mer jo gehofft hatten, mat dësem Gesetz ënnert d'Äerm ze gräifen, ob déi dann och wierklech kënnen vun dëser Mesure profitéieren.

Déi Initiativen, iwwert déi mer haut ofstëmmen, viséieren aner Punkten an der Logementspolitik, déi awer net manner wichtig sinn: nohaltegt Wunnen, energeesch Sanéieren an d'Simplification administrative. De ganze Package beinhaltet véier Instrumenter respektiv véier Gesetze, déi de Rapporteur, den Deputéierte Max Hahn, virdrun op eng ganz verständlech Manéier presentéiert huet a woufir ech em dann och wëll Merci soe fir säi schrëftlechen a mündleche Rapport.

D'Konzept ass eng Mëschung aus Subventionen a staatlecher Virfinanzierung. Erhofft gëtt sech doduerch eng Sanéierungswell, déi gläichzäitig e positiven Effet op den Energieverbrauch an op d'Klimabilanz vun eise Land laangfristeg soll hunn. Mat deenen eenzelnen Initiative striewe mer net just eng Ännerung am Denkmuster an der Klimapolitik un, mä och an der Politik vum Logement.

Fir d'Energieeffizienz vun de Wunngebaier ze verbessern, den Energieverbrauch an den Austouss vun CO<sub>2</sub> ze reduzéieren, sinn an deene leschten aacht Joer vill legislativ Efforte gemaach ginn, fir europäesch Direktiven an dësem Beräich ëmzesetzen.

Fir eis Sozialiste war an ass ëmmer wichtig, datt ökologesche Konditiounen, déi un d'Ausbezuere vun eenzelnen Aidë gebonne sinn, net dierfen dozou féieren, déi finanziell méi schwach gestallte Stéit vun deenen, also vun engem Deel vun dësen Hëlfele auszeschleisen. Dofir war fir eis och viru Joren d'Propos, de Fokus nëmmen op déi ökologesche Komponent ze leeën, net sozial gerecht. D'Iwwerleeung deemools zum Beispill, d'Halschent vum bëllege Akt dovunner ofhängeg ze maachen, ob d'Wunneng, déi ee keeft, verschiddenen ökologesche Kritären entsprécht, wär fir eis keng gutt Neuerung gewiescht. Et hätt näimlech eng ganz kloer Verminderung vum sozialen Aspekt bedeit. Nëmmen déi, déi sech et hätte kënnen leeschten, hätten am Endeffekt dovunner profitéiert. A wann een d'Ëmwelt wëllt schützen, da soll een dat op eng positiv Aart a Weis maachen an Ureizer schafen.

Wat een awer net soll maachen, ass aus reng ëmweltpoliteschen Argumenter Logementshëlfe kierzten. Esou eng Politik bréngt der Ëmwelt guer näischt. Domadder gi keng CO<sub>2</sub>-Emissiounen reduzéiert. Dat Eenzegt, wat dobäi erauskënnt, ass, datt d'Leit, déi dréngend Hëlfe brauchen, manner Ennerstëtzung kréien.

Et ass sënnvoll, gezielt akommeschwaache Stéit ze hëlfele, fir hir Wunneng energiemeiseg ze verbessern, well déi oft net de Choix

hunn an eng al a schlecht isoléiert Wunneng kafen oder lounen müssen. An dofir begreisse mer ënner anerem d'Aféierung vun enger Klimabank, eng weider Initiativ, fir nohaltegt Wunnengsbaupolitik ze promouvéieren a géint Energieprekaritéit virzegoen.

De sozialen Aspekt besteet doranner, datt virgesinn ass, datt jee no Héicht vun der Pai d'Leit entweder e Prêt kréien, wou se keng Zënse musse bezuelen, oder wa se méi verdéngen, e Prêt mat engem reduzéierten Taux kréien. Mat de Suen, déi se duerno energietechnesch spueren, soll de Prêt dann deelweis zrëckbezuelt ginn. Dat huet zum Virdeel, datt vill Leit hir Wunneng kënnen isoléieren oder sanéieren, an net nëmmen déijéineg, déi niewent der Subventioun nach genuch Egekapital hunn.

Fir eis Sozialisten ass wichteg, datt finanziell méi schlecht gestallte Stéit d'Méiglechkeet kréien, fir energeesch Sanéierungen ze maachen, ouni mussen d'Geld am Virfeld op den Dësch ze leeën, wat dës Stéit, wéi gesot, oft net kënnen maachen, well se einfach net déi finanziell Capacitéiten hunn. De Part iwwerhëlt de Stat duerch d'Virfinanzierung.

Wéi gesot, dëst Gesetz huet e sozialen Aspekt, mä ass awer keng reng sozial Mesure. Déi Stéit mat engem wierklech ganz klengen Revenu wäerten ni eng Klimabank opsichen, well si weder en Haus hunn nach Moyenen hunn, fir kënnen ze renovéieren. Hei ass awer vläicht e gudden Usaz ginn, datt och d'Propriétaires, déi d'Wunnenge verlounen, op d'Klimabank duerfen zrëckgräifen. Sou kënnen Appartementshaiser, Studioen, déi an engem schlechten Zoustand sinn, endlech renovéiert ginn. Dës Renovatiounen kommen da schlussendlech och nees deene Ménagen zegutt, besonnesch deene finanziell méi schwachen, well et sinn oft déi, déi sech keng eege Wunneng kënnen leeschten a wéi gesot mussen oft lounen goen.

D'Spiral vun der Energieprekaritéit gëtt, ofgesinn duerch Käschtefroen, nach doduerch verstärkt, datt dës Leit dacks a schlecht isoléierte Wunnengen liewen. An duerch anstänneg Sanéierungen kënnen si un de Käschten am Energieverbrauch spueren. Et wär am Endeffekt eng Win-win-Situatioun souwuel fir de Propriétaire wéi och fir de Locataire.

Wichtig an deem Kontext ass och d'Zesummenaarbecht mat „myenergy“, fir datt d'Leit kënnen erausfannen, wou Energie ka gespuert ginn a wat si nach vun Hëlfele kënnen respektiv duerfen ufroen.

Weider gëtt och op d'Zesummenaarbecht mat den Offices sociaux gesat, déi wichtig Begleeder an deenen Démarchë sinn. Déi spille fir meng Partei eng ganz wichteg Roll, well d'Offices sociaux sinn oft déi éischt Ulaftell, un déi d'Leit sech wenden, fir ze kucken, ob se Hëlfele kënnen kréien. An dofir ass et an eisen Aen och ganz wichteg, datt d'Leit, déi do schaffen, déi néideg Informatiounen hunn an och um neiste Stand vun den Informatiounen sinn, fir d'Leit am Domän vun der Energiearmut beschtméiglech kënnen ze ënnerstëtzen.

Niewent der Klimabank ass de Guichet unique en zweet Gesetz, op dat ech nach wëll agoen. Déi aner wäert herno den Deputéierten Yves Cruchten kommentéieren. Et wäert fir d'Bierger an Zukunft vill méi einfach a manner stresseg sinn, well si sech just nach mussen un een eenzege Büro wenden, also e Guichet unique mussen adresséieren fir déi eenzel Aiden. Et muss ee sech net méi Gedanke maachen, wou a wéini een nach iwwerall muss higoen, an eventuell herno d'Gefor leeft, eppes Wichteges ze vergiessen oder Délaien ze verpassen. De Guichet unique wäert an eisen Aen de Leit sécherlech d'Liewe vereinfachen.

Et ass an hirem Interessi, datt d'Fichiere mat de jeeweilegen Donnéeë regroupéiert ginn, egal ob déi Aiden herno vum Logementsministère oder vun deem vun der Ëmwelt bezuelt ginn. Wichteg ass, datt d'Bierger déi richtig Informatiounen op enger eenzeger Plaz kréien, ëmfänglech berode ginn an an hiren Démarchen och adequat begleet ginn.

D'Ëmwelt schounen a fir spéider Generatiounen erhalte fonctionnéiert am beschten, wa mer d'Nohaltegkeet fest an eisen Alldag integréieren. An dat gëllt och fir d'Wunnen.

Mir si gefuerdert, derfir ze surgen, eis Bierger virun Energiearmut ze schützen an hir sozial Ausgrenzung ze verhënneren. Hei steet d'ëffentlech Hand an der Verantwortung, Persounen eng sufficient Grundversorgung mat Energie ze garantéieren a se virun Energieprekaritéit ze schützen. Energiearmut dierf keen neit sozialt Risiko sinn. Dofir ënnerstëtzt d'LSAP de Package Klimabank an nohaltegt Wunnen. An all weider Efforten, déi an dës Richtung ginn, si mer der Meinung, datt déi an déi richtig Richtung ginn.

Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance.* - Merci der Madamm Bofferding. Dann ass et elo um Här Claude Lamberty. Här Lamberty, Merci, dass Der d'Madamm Bofferding virgeloooss hutt! Mir mussen dat kontrolléieren. Et ass elo un lech.

► **M. Claude Lamberty** (DP). - Merci, Madamm Presidentin. Léif Kolleeginnen a Kollegeen, en Débat an e Vott zur Schafung vun enger Bank, ëmsou méi vun esou enger spezieller Bank wéi der Klimabank, ass sécherlech keen aldeegleche Virgang hei am Parlament. Dës Bank, déi esou vill Virdeeler huet, dass ee vun enger véierfacher Win-win-win-win-Situatioun ka schwätzen, setzt e Meilesteen a ganz verschiddene Beräicher a setzt haaptsächlech en déckert Ausrufezechen hannert d'Volontéit vun dëser Majoritéit, fir politesch Visiounen zu Realitéiten ze maachen.

Mat der Klimabank komme mir zu engem Paradigmewissel, ewech vun enger renger Subsidiepolitik hin zu enger Politik, wou mir d'Bierger aktiv mat an d'Boot huelen, fir positiv Verännerungen zum Wuel vun der Ëmwelt, dem Handwerk an eise Betriber a schlussendlech dem eegene Portmonni ze realiséieren.

De Stat gëtt also vun engem rengen Subsidieninstitut zu engem aktive Begleeder a Motivationscoach fir seng Bierger, e vill méi zillorientéierte Wee, deen och bäi Wäitem méi erfollegversprechend ass, wéi dat bis elo de Fall war.

Firwat? Ma well de Stat d'Bierger do ënnerstëtzt, wou si e brauchen, a si do motivéiert, wou vläicht Gedankespiller bei de Leit stattfannen: Soll ech oder soll ech mäin Haus elo net renovéieren?

De Rapporteur Max Hahn huet déi technesch Detailler zur Klimabank schonn exemplaresh illustriert an erkläert. Ech wëll mech dofir méi op de politesche Kontext vun dësem Projet konzentréieren.

Ech hu mat engem, kommt, mer soen, Mix vu Verwonderung an heiansdo och lichte Schmunzele verschidden Aussoen an de leschte Wochen a Méint an de Medie verfolgegt.

Et ass schonn erstaunlech a gläichzäitig awer och schéin ze gesinn, dass Projeten an Iddien, dass Visiounen, déi ee lancéiert a fir déi een am Ufank éischer spëtteg Remarquen aus verschiddenen Ecke kritt - ech ka mech do erënnere, virun aacht, zéng Joer: Wat wëllt d'DP dann elo fir eng Bank schafen? -, jo, um Enn, wa se da kuerz virum Erfolleg sinn, kommen aus deeneselwechten Ecker éischer Luef, vläicht souger heiansdo Remarquen: Dat wëlle mir jo eigentlech genau d'näimlech maachen! - majo, do kënnen mir just soen: Dat ass schéin ze héieren!

Et kéint een dat intituléieren: „Vum Kritiker zum Gebuertsheffer“. Dat ass jo emol eng Evolutioun, déi mir als Demokratesch Partei mat Satisfaktioun zur Kenntnis huelen. Et beweist awer och, dass déi Visioun, déi d'Demokratesch Partei viru genee zéng Joer eng éischte kéier an d'Gespräch bruecht huet, an déi extrem positiv Auswirkung fir d'Gesellschaft, fir d'Ekonomie, fir eis handwierklech Betriber, fir d'Ëmwelt, fir d'Klima, jo fir d'Liewensqualitéit an de Portmonni vun de Leit mat sech bréngt, jo, dass déi Visioun, déi haut Realitéit gëtt, dee richtige Wee war.

(**M. Mars Di Bartolomeo reprend la présidence.**)

Et ass och de Beweis, dass ee Visiounen muss hunn, wann ee wëllt positiv Verännerungen errechen a wann een eng Gesellschaft wëllt, déi no Fortschritt strief. Well näischt anescht war dat 2006: eng politesch Vue an d'Zukunft! Eng Vue, wou een d'Leit géif aktivéieren a wou ee se mat an d'Boot géif huelen, fir Klimaziler ze errechen, a sech an der Lëtzebuerger Ekonomie dobäi gläichzäitig nach eppes Guddes géif doen.

Et ass och de Beweis, dass et sech lount, Visiounen ze verfolgegen, eegen Iddien an Iwwerzeugungen ze hunn an och dofir ze kämpfen.

Ech wëll lech e klengen Iwwerbléck ginn, wéi et zu der Klimabank koom, ganz besonnesch well jo verschidde Parteien net just Gebuertsheffer, mä quasi, jo, wéi solle mer soen, Papp vum Klimabankprojet wëlle sinn.

De Logementsminister aus der viregter Regierung huet 2013 e Projet de loi deponéiert, an deem en „Éco-prêt à taux zéro“ fir Albausanéierung virgesi war. Dat ass wuel richtig an och en Deel vum Projet Klimabank, mä ebe just en Deel. De Modell vun der viregter Regierung hätt zu engem méi héijen administrativen Opwand gefouert, fir eng méi begrenzten Ziel u Stéit am Land. Also méi Opwand fir manner Leit.

Firwat? Ganz einfach, well am Modell vum „Prêt à taux zéro“ vun der aktueller Regierung de Plaffong vum Revenu vun de Leit, also dat,



wat d'Leit dierfe verdéngen, fir vun der Hëllef ze profitéieren, net esou déif ass wéi am Här Schank sengem Modell. Do sollten u sech d'Leit mat ganz niddregem Akommes ënnerstëtzt ginn.

Den aktuelle Regierungsprojet awer wëllt eng breet Majoritéit vun de Bierger fir de Klimaschutz gewinnen. Dës Majoritéit huet also, nieft de Leit mat niddregem Akommes, och d'Mëttelschichten net vergiess, fir zum Zil ze kommen. Renovatiounen a Sanéierungen, fir Energiekäschten ze spueren a Klimaziler ze errechen, dat war d'Zil an dat geléngt mat der Klimabank vun dëser Koalitioun. Konkret...

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Här Lamberty, erlaabt Der, dass den Här Schank, deem Der indirekt ugeschwat hutt, lech eng Fro stellt?

► **M. Claude Lamberty** (DP).- Selbstverständlech!

► **M. Marco Schank** (CSV).- Merci, Här Präsident. Ech wollt just eng Fro stellen un de Kolleeg Lamberty, ob hie sech erënnert, wat deemools am DP-Programm stoung an deem Kontext, wat eng Klimabank sollt sinn.

Ech wollt just zwee Sätz soen. Do stoung: „Die Klimabank soll Risikokapital für die im Bereich der erneuerbaren Energien tätigen Start-ups oder Unternehmen zur Verfügung stellen, Investoren bei größeren Projekten zusammenbringen und Versicherungen oder Garantien bei sinnvollen aber risikoreicheren Investitionen (...) bieten.“ An da geet dat esou virun: „Innovation, Forschung und Entwicklung“ an esou weider. Do si mer awer nach net!

► **M. Claude Lamberty** (DP).- Nach net, nach net. Also, ech huelen Är Remarque gär zur Kenntnis a se war och ganz sécher richteg, well se stoung jo am DP-Programm!

**(Hilarité et interruption)**

Gutt. Komme mer dann zrëck, wat dat elo konkret heescht. Konkret heescht dat: De Stat, deem hëlleft a motivéiert dättelech méi Leit, hiert Haus ze renovéieren an esou hir Energiekäschten no ënnen ze drécken. Dat nennt een: Politik fir d'Bierger maachen. Mat der Ouverture op d'Gesellschaften an dem „Prêt à taux réduit“ wäert et insgesamt e spierbar méi décke Volume un Dossiere ginn. An dat ass an dësem Fall absolutt positiv!

Komme mer awer zrëck, wéi aus der Visioun Klimabank eng Realitéit gouf. Ech wëll drun erënnere, dass déi éischt Iddie vun der Klimabank Enn 2006 gebuer goufen, déi do während ville Méint an Aarbechtsgruppe vun der Demokratescher Partei ausgeschafft goufen. An ech verweisen op de Positiounspabeier vun der DP vum 2. Juni 2008 ebe mam Titel „Umweltpolitik, die Zukunft hat! Gezielt fördern, gerecht fordern“.

An ech ka mech nach gutt un déi éischt Schrëtt vun der Klimabankdiskussioun erënnere, well et war déi Zäit, wou ech d'Chance hat, als Präsident vun de Jonken Demokraten zesumme mam heitege Rapporteur, mam Max Hahn, d'Iddien an d'Suerge vun deene jonke Generatiounen an deenen Aarbechtsgruppen ze verrieden.

Ëm wat ass et der DP deemools gaangen? No Analys an Dialog mat villen Akteuren um Terrain ass et der DP drëms gaangen, en Outil ze schafen, deem op d'Virfinanzéierung opgebaut ass.

Wat war de Grondproblem vu ville Leit? De Grondproblem war ganz einfach d'Feele vum néidege Startkapital. Well, wat notzt et, nodeems ech mäin Haus oder mäin Appartement renovéiert hunn, wann ech da gesot kréien, 20% oder 30% vun de Sanéierungskäschte gi vum Stat iwwerholl, wann een awer dës le début guer net an der Lag war, fir de Projet kënnen an Ugrëff ze huelen, well een ebe keng finanziell Moyenen hat, also kee Geld hat, fir d'Renovatiounen iwwerhaupt kënnen an Ugrëff ze huelen? Näischt! Näischt heescht, ech renovéiere guer net, well ech mir et net leeschte kann.

Dat féiert dozou, dass d'Bausubstanz bei ville Gebaier net verännert gëtt. Dat féiert dozou, dass genee déi Haier an Appartementer, an deenen déi Leit wunnen, déi net emol einfach esou 20.000 oder 30.000 Euro virstrecke kënnen, Haier an Appartementer, wou et awer grad Sënn maache géif, eng Sanéierung an d'Aen ze faassen, jo genee déi Gebaier bleiwen op der Streck a ginn net renovéiert. Dat heescht gläichzäiteg, dass déi Leit, déi dora wunnen, och net an de Genuss kommen, fir Energie kënnen anzespueren, well jo ebe keng Aspuerunge méiglech sinn, well d'Heizkäschten zum Beispill net erofginn.

D'Visioun war also kloer: En Outil schafen, deem de Leit et erméiglecht, dee se motivéiert an hinnen hëlleft, déi Renovatiounen kënnen ze maachen, an duerch deem Outil de Leit, dem

Handwierk, der Economie an dem Klima ze hëllef. Et war eng grouss Erausforderung. Mä d'Diskussiounen ware fruchtbar a wann een haut hei steet an der Chamber an zu deem Projet dierf schwätzen, deem dësen Outil schaaft, da weess een, wéi richteg et war, dësse Projet ni aus den Aen ze verléieren. Besonnesch d'Leit dobaussen an d'Klima sinn déi ganz grouss Gewënner!

Ech hu gesot, dass d'Demokratesch Partei d'Klimabank 2006 ugeduecht, 2008 esou richteg lancéiert an 2011 du mat engem weidere Positiounspabeier „Die Klimabank bringt Schwung in die Klimapolitik“ weider ausgebaut a verdéift huet. Et war mäin heitege Fraktiounspräsident a fréiere Statssekretär am Umweltministère, den Eugène Berger, deem ëmmer erëm op d'Klimabank opmierksam gemaach huet.

**(Brouhaha)**

2011 huet d'Klimabank de Wee dunn och bis an d'Chamber fonnt. Eng Motioun an der Chamber gouf ugehall, ebe genau, fir d'Méiglechkeet vun esou enger Klimabank ze analyséieren. Ech si mer sécher, dass sech verschidde Leit heibannen nach erënnere un den deemolege Premier an u seng Wieder. Ech zitéieren de Jean-Claude Juncker, lauschtert gutt no: „Zu där Klimabank - eng Iddi, déi den Här Meisch a seng Partei jo schonn e puermol ugesprach hunn - géif ech gäre Folgendes soen: Wann et méi ausgewalzten Texter gëtt um Niveau vun der Demokratescher Partei, da soll een eis déi zoukomme loosse. Onofhängeg dovun, wéi prezis dass déi Iwwerleeunge scho konnte gemaach ginn, géif ech gären am Numm vun der Regierung soen, dass d'Regierung averstanen ass, eng Etüd ze maachen iwwert d'Aféiere vun enger Klimabank, wou een dann déi Iwwerleeungen, déi et vun der Demokratescher Partei gëtt, ka mat afléisse loosse.“ Dat war de Jean-Claude Juncker.

Dat also 2011. Dunn huet et nach zwee Joer gedauert, bis e Projet de loi vum deemolege Logementsminister deponéiert gouf, also ganzer fënnef Joer nodeems d'DP d'Klimabank konkret lancéiert hat. Fënnef Joer also bis eppes geschitt ass!

Elo unzedeiten, ech schwätzen elo net vun haut de Mëtteg, mä haaptsächlech dat, wat een an de leschte Wochen a Méint konnt liesen an héieren, dass mir dräi Joer verluer hätten, nëmme well dës Regierung de viregte Projet vum „Prêt à taux zéro“ nach eng Kéier op de Leescht geholl huet, dat ass dann awer e bëssen abstrus!

Ech hunn awer dem Marco Schank ganz gutt nogelauschert, dass hien och gesot huet, dass him keng Zack aus der Kroun géif falen, fir ze soen, dass dës Projeten, déi de Mëtteg hei um Ordre du jour stinn, en absolute Gewinn sinn. An dofir wollt ech awer och soen: Merci fir déi Wieder, déi Der do un d'Regierung an un eis hei gewannt hutt!

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **M. Claude Lamberty** (DP).- Ministère-iwwergräifend gouf déi lescht Méint vill a gutt geschafft. Hei just nach eemol d'Haaptpunkten, déi nach um Gesetzestext geännert goufen. De Prêt à taux réduit. De Klimaprêt à taux réduit ass onofhängeg vum Revenu vum Demandeur. Domat ass de Produit fir vill méi Leit accessibel. A genau dat ass dach d'Stärkt vun enger Klimabank, dass näamlech eng Offensiv an der Albausaniierung lancéiert gëtt. Dës Form vu Prêt à taux réduit gouf et am Projet de loi vum Här Schank guer net. Et rechent een allerdéngs dermat, dass an Zukunft zwee Drëttel vun den Empfänger vun de Klimaprëten an dës Klass wäerte falen.

E weidere Plus ass, dass elo och d'Gesellschaften, déi Wunnenge fir Wunnzwecker notzen, vum Klimaprêt profitéiere kënnen. Dës wäert bedeuten, dass och am Locatif méi sanéiert wäert ginn. Et geet also net nëmme ëm d'Propriétaires, mä och ëm déi Leit, déi lounen. Och si wäerten also an Zukunft vu Renovatiounen profitéieren an esou no deene Renovatiounen och vu manner héijen Energiekäschte profitéieren. Och dat ass nennens- a luewenswäert.

Ass elo mat engem Ustuerm u Projeten ze rechnen? Et gëtt geschätzt, dass an enger éischter Phas mat dësem Projet vun der Klimabank ronn 400 Stéit am Joer dovun profitéiere wäerten. Hätte mer de Projet de loi vum Här Schank eent zu eent ëmgese, wäeren et der sécherlech manner gewiescht, ebe well do just e Prêt à taux zéro virgesi war a well et ebe méi restriktiv gewiescht wär. Et ass also eng Steigerung vum aktuelle Projet par rapport zum viregte Projet.

Nei ass, dass de Bierger, dee vun engem Prêt à taux zéro profitéiert, eng Prime unique vun 10% geschenkt kritt. Dat sinn also bis zu 5.000 Euro, déi de Stat engem Stot einfach emol direkt schenkt, wann e mat op de Wee geet, fir ze renovéieren an ze sanéieren. Déi Suen hëllef also direkt deemjéinegen, dee bereet ass,

ze renovéieren, an esou aktiv zum Klimaschutz bäidréit.

Ech resüméieren d'Upassung. Éischstens, d'Schafe vum Prêt à taux réduit, deem net u finanziell Konditiounen gebonnen ass. Dat heescht, all Mënsch am Land kann dervu profitéieren. Zweetens, de Klimaprêt à taux réduit, deem elo och op ass fir Gesellschaften. Domat erreeche mer, dass och Wunnengen energetesch sanéiert ginn, déi verlount ginn. An domat gëtt och géint den Energieaarmut am Locatif virgaangen. Drëttens, e Prêt à taux zéro, vun deem einfach méi Stéit profitéiere kënnen. A véiertens, e Prêt à taux zéro mat enger Prime unique vun 10%.

Also, ech si frou, dass mer déi doten Upassung gemaach hunn. Et ware keng verlure Joren. Et waren e puer Méint, an deene ganz gutt geschafft gouf, fir d'Klimabank op stabil Féiss an op eng méi breet Basis ze setzen.

► **Une voix**.- Très bien!

► **M. Claude Lamberty** (DP).- Wann ee sech d'Fakten emol ukuckt, da muss ee feststellen: Hei hu mer keen Etikettétschwindel, Här Präsident. Hei hu mer eng aktiv Klimapolitik. Hei hu mer e Projet, deem iwwer zéng Joer lues a lues gewuess ass, an deem um Enn aus enger Zukunftsvisioun e konkrete politesche Projet gemaach huet, vun deem mer schlussendlech alleguerte profitéieren.

Et ass also genau déi véierfach Win-win-win-Situatioun, vun där ech am Ufank geschwat hunn: den eenzelne Bierger, deem an enger renovéierter Wunneng ka liewen an Energiekäschte kann aspueren; d'Lëtzebuerger Betriber, déi mat Sécherheet méi Opträg an och nei Opträg kréien, esou Aarbechtsplaze schafen a voll Optragsbicher wäerten hunn; d'Lëtzebuerger Land, well d'Economie an d'Handwierk ugekuerbelt ginn an esou och Steieren an d'Statskees erakommen, an natierlech well duerch eng besser Klimabilanz Strofegelder kënnen agespuert ginn; a véiertens - an dat misst eis, mengen ech, alleguerte freeën - d'Klima. Lëtzebuerg huet mat dësem Projet e weidere wichtegen Deel zum aktive Klimaschutz bäigedroen. Gebaier gi sanéiert, d'CO<sub>2</sub>-Bilanz gëtt verbessert.

Här Präsident, ech kommen zum Schluss. D'Iddi vun der Klimabank gouf 2006 gebuer, 2008 vun der DP lancéiert. 2011 gouf d'Konzept weidergeduecht. Enn 2014 hat d'DP eng Pressekonferenz, fir dem Public dës System vun der Virfinanzéierung ze erklären. Am Juli 2016 elo huet de Logementsminister Marc Hansen de respektive Gesetzestext deponéiert. Haut gëtt en hei an der Chamber gestëmmt, an dann ass d'Klimabank ab dem 1. Januar 2017 Realitéit. Ech mengen, dës ass e schéint Beispill, wéi gutt Iddien an der Politik verwierklecht kënnen ginn, wann de Willen do ass.

**(Interruption par M. Michel Wolter)**

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Hal-leluja!

► **M. Claude Lamberty** (DP).- Dat ass emol e gudden Sproch, Här Wolter.

**(Hilarité)**

Sot deem emol nach eng Kéier haart!

Ech sot „eng gutt Iddi“. Jo, ech mengen dat och esou, well d'Klimabank derzou bäidroen wäert, d'Potenzial a verschidde Beräicher fräizesetzen.

Éischstens, an de Kolleeg Max Hahn huet et gesot, an eiser Bausubstanz stécht nach ganz vill Potenzial, wat eis CO<sub>2</sub>-Emissiounen ugeet. Duerch energetesch Sanéierungen iwwert d'Klimabank kënnen mer eis CO<sub>2</sub>-Bilanz verbessern an esou eisen Deel am Kampf géint de Klimawandel bäidroen.

Zweetens, besonnesch déi Leit, déi an engem Logement wunnen, wat vläicht net esou gutt isoléiert ass, profitéiere vun der Klimabank. Mir hëllef dës Leit also speziell, aus der Energieaarmut erauszekommen.

Drëttens, eis Betriber wäerten esou hiren Know-how an dësem Beräich ausbaue kënnen a weider Aarbechtsplaze schafen.

Dättelech méi Gewënner mat der Kreatioun vun der Klimabank also!

Dat gesot, Merci de Kollege Max Hahn an Henri Kox, Rapporteur vum Projet.

► **Plusieurs voix**.- Aah!

► **Une voix**.- Très bien!

► **M. Michel Wolter** (CSV).- Merci der DP.

**(Interruptions)**

► **M. Claude Lamberty** (DP).- Ech widderhuelen dann nach eng Kéier: Den Här Wolter seet och der DP Merci. Ech respektéiere seng Wieder. Ganz grouss.

► **Mme Nancy Arendt** (CSV).- D'Welt wär verluer ouni DP.

► **M. Claude Lamberty** (DP).- An ier mer dann awer zum Chrëschtmaart kommen, wollt ech awer am Numm vun der Fraktioun vun der Demokratescher Partei natierlech den Accord zu dësem Projet ginn.

► **Plusieurs voix**.- Aah!

► **M. Gilles Baum** (DP).- Bravo! Tiptopp!

**(Interruption)**

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Ech gesinn, dass mer alleguer frou sinn.

**(Hilarité)**

An ech wollt nach just soen, dass mer bei der Riednerfolleg hallef richteg an hallef falsch waren. Well mer e gréngen an e bloe Minister hunn, hätte mer zwou Versiounen kënnen huelen,...

► **Plusieurs voix**.- Aah!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- ...a vu dass et schwéier gewiescht wär, zwëschent deene Versiounen ze entscheeden, hu mer dann eben déi drëtt Versioun geholl, déi dann och nach gewisen huet, dass et nach Gentlemen an dëser Chamber gëtt.

**(Brouhaha)**

Voilà!

► **M. Jean-Marie Halsdorf** (CSV).- Zweemol hallef falsch, da sidd Der ganz falsch.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Neen.

► **M. Jean-Marie Halsdorf** (CSV).- Zweemol en Hallwe gëtt e Ganzen.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Also, Dir misst et als Aptikter eigentlech wëssen.

**(Hilarité)**

Zweemol hallef ass ganz.

**(Interruptions)**

Sou!

► **Mme Nancy Arendt** (CSV).- Et ass zwar eng schéi Stëmmung hei de leschten Dag.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Et ass schéin, dass mer no esou engem laangen Dag awer och nach kënnen e bëssen Humor weisen. A fir dann erëm zum eeschten Deel ze kommen, ginn ech dem Här Kox d'Wuert, fir eis erëm op de Buedem zrëckzebréngen. Här Kox, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Henri Kox** (*déi gréng*).- Merci. Also, ech maachen et kuerz. Virdrun als...

**(Hilarité)**

Et ass alles elo gesot gi virdrun. Ech mengen...

**(Hilarité)**

Ech konnt virdrun als Rapporteur vun engem Deel vun deem ganz gudden Package...

**(Brouhaha)**

Här Präsident, ech...

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Jo. Sou! Wann ech gelift, kommt mer...

► **M. Henri Kox** (*déi gréng*).- Ech konzentréiere mech dann.

Also, als Rapporteur vidru konnt ech net direkt op déi eng oder aner Remarque nach agoen, respektiv och op déi dräi Projeten, déi vu mengem Virriedner elo nach eng Kéier ausféierlech erkläert gi sinn. Ech wollt och net allze vill doriwwer soen. Ech wollt awer nach eng Kéier hei betounen, dass dat heite jo eigentlech net e rengen Logementsprojet ass oder e Klimaprojet. Ech mengen, dës Projeten hu ganz vill Facetten, an dat soll een och ëmmer betounen.

Ech wollt haut nach eng Kéier eropkommen, well ech och de Moien um Radio e puer Aussoe gesot hunn. Eier de Kolleeg vun der lénker Sensibilitéit hei Stellung hëlt, wollt ech en am Virfeld awer vläicht iwwerzeegen, de Projet dach matzestëmmen.

Fir d'Éischt sinn ech emol frou, an dat éiert dann och mäi Kolleeg Marco Schank, dass en d'CSV da mat an d'Boot geholl huet, fir dës Projet mat ze ënnerstëtzen. Dat war virun engem Joer beim Klimarapport net esou de Fall. Ech mengen awer, dass et wichteg ass, dass dee Projet hei eng ganz breet Majoritéit kritt.

De Moien hunn ech eng Kritik héiere vun deem Guichet unique, dass dat vläicht ze schwéierfällig wär. D'Dossiere géifen net séier genuch traitéiert ginn. An ech wollt awer grad do nach eng Kéier eng Lanz brieche, dass dat wierklech dat ass, wat mer alleguerte sichen a brauchen. Mir schwätzen dauernd vu Réforme-administrativen, mir schwätze vun Zesummenaar-



becht, mir schwätze vu Koordinatiounen, mir schwätze vu Cohérences. An ech mengen, grad dee Guichet unique ass d'Beispill derfir, dass een déi Cohérence des politiques ka maachen, dass een zesummen e Projet kann ugoen. Et ass net ee Ministère, et sinn e puer Ministèren, déi do an engem Boot sinn. An dofir mäi Plädoyer nach eng Kéier, fir dass dat eng gutt Saach ass.

An ech hunn och de Moien nach eng Kéier um Ministère nogefrot: Wéi ass et dann effektiv mat deene Retarden oder Netretarde vun den Demanden, déi do virleien, sief et bei den erneierbaren Energien, sief et bei de Renovatiounen? A si konnte mer confirméieren, dass haut kee Mount méi muss gewaart ginn, fir eng Behandlung vun deenen Demanden ze maachen.

Dat heescht, et gëtt direkt traitéiert, et sief den Dossier ass net komplett. An dat muss een ëmmer erëm soen an dat mierke jo déijéineg, déi an enger Gemeng täteg sinn. Dat ass och bei der Baugeneemegung. Do seet een ëmmer: „Et schleeft, et schleeft, et schleeft.“ Mä oft ass den Dossier net komplett.

An dat gëllt natierlech och hei an deenen Demanden, déi ee muss maachen, dass den Dossier komplett ass. An da gëtt e schnellstméiglech traitéiert.

An dofir mengen ech, dass dëse Fall grad vun engem Guichet unique, wou ee sämtlech Informatiounen zesummen huet... An och do nach eng Kéier op de Klimaberoder, deen elo mat am Boot ass, fir deene sur place ze hëllefen, fir se un der Hand ze huelen, mat de Leit, wéi de Marco Schank och virdru gesot huet. Mir mussen d'Leit mat an d'Boot huelen. Mir sinn all an der Responsabilitéit. Et si genuch Gemen-gemammen a -pappen heibannen, fir am Kader vum Pacte Climat déi néideg Informatiounspoliticken ze maachen, zesumme mat engem Logement, zesumme mat engem En-vironnement, fir dass mer eben heirauser wierklech, wéi virdru gesot gouf, eng Win-win-win-win-Situatioun - véiermol „Win“ - erauskréien.

Ech mengen, d'Obligatiounen, déi mer hu vis-à-vis vun dem Klimaschutz, sinn enorm. Mir wëssen et alleguerten. Dat fir 2020 wäerte mer packen, awer effektiv fir 2030 an doriwwer eraus wäert et net esou einfach ginn, fir dat ze maachen.

An de Logement ass effektiv net nëmmen en CO<sub>2</sub>-Problematikequivalent, well et ass jo alles, wat do gerechent gëtt, mä et ass och do, wou mer wëllen hëllefen. Dat ass an der Energieaar-mut. An ech mengen, dee Rapport, deen erauskomm ass vun dem Statec iwwert d'Monoparentallen, an esou wieder: Wou ass de meeschte Besoin? Dat ass am Wunnengsbau!

Mä des Klimabank oder och d'nohaltegt Wunne wäerten deen Dossier net eleng packen. Dofir si mer jo a ville Beräicher am Logement amgaangen, eng Ënnerstützung ze ginn. An do si mer all gefuerdert: Dat ass de Stat, fir am soziale Beräich ze investéieren; ech mengen, gëschter beim Budget hu mer dat nach eng Kéier bewisen. An d'Gemenge sinn och alleguerte mat opgeruff ginn, fir do mat-zehëllefen.

Dat wollt ech nach hei erabréngen, fir ze soen, dass dëst Gesetz wierklech deene wäert hëllefen, déi et brauchen, an zousätzlech en Uschub gëtt, fir méi an der Renovatioun ze maachen. Dofir hoffen ech, dass déi puer Wieder vläicht deen een oder anere Skeptiker nach iwwer-zeegt hunn.

Merci.

► **Mme Viviane Loschetter** (*déi gréng*).- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci och dem Här Kox. An nächste Riedner ass den Här Fernand Kartheiser.

► **M. Fernand Kartheiser** (*ADR*).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, och ech wëllt ufänken, fir am Numm vun der ADR deenen zwee Rapportere villmools Merci ze soe fir all déi Erklärungen, déi se eis ginn hunn. Ech mengen, mir hu ganz vill Positives iwwert dëst Gesetz de Mëtten héieren. Mir sinn och der Meinung, dass dat wichteg a positiv Mooss-name kënne sinn. An d'ADR wäert déi véier Ge-setzer och matstëmmen.

Ech wëll awer soen, dass déi Argumentatiounen, déi hei gefouert gi sinn, heiansdo vläicht ze vill optimistesesch sinn. Net alles kann iwwer-zeegen. Ech wëll just vläicht am Ufank op e puer Froen agoen an och weider Aspekter herno e bësse méi genau diskutéieren, iwwert déi mer haut de Mëtten nach net geschwat hunn.

Eng éischt Fro ass: Wéi realistesch ass dat, déi minus 15% CO<sub>2</sub> beim Wunnen? Mir hunn dat scho gesot, mä ech soen et nach eng Kéier: Mir hunn eng grouss Croissance hei am Land, ëmmer méi Land kommen an d'Land wunnen. Ass et iwwerhaupt realistesch, déi Ziler ze erreechen? An ass et net esou, dass mat deene minus 15%, wou mer probéieren CO<sub>2</sub>-Reduktiounen beim Wunnen ze kréien, den Drock op d'Leit ëmmer méi grouss gëtt an och d'Intrusioun vum Stat an d'Privatsphär ëmmer méi grouss gëtt? Well een, deen hei wunnt, ka sech jo net dem staatlechen Drock an där doter Hi-sicht entzéien.

Eng zweet Fro ass an dësem Kontext: Kënne mer déi Ausgaben, déi mer hei maachen, urrechne loosse? Et ass eis als ADR net egal, a wéi engem Zoustand eisen nationale Budget ass. Mir hunn en Defizit vun enger Milliard d'nächst Joer. Ech weess, et gëtt Leit, déi mengen, dann hätte mer nach méi Sputt. Mir denken dat net. Mir wëllen, dass mer alles, wat mir ausginn als Stat a kënneen international urrechne loosse, och urrechne loosse, fir keng onnéideg Verloschter do ze hunn a finanzieller Natur.

Vill méi grav ass awer, dass mer eis musse froen, ob wierklech bei deenen, déi Energieprekaritéit hunn, ëm déi et jo hei soll goen, déi Leit, déi net esou vill hunn, ob déi wierklech kënne profitéieren. Ech weess net, ech hunn do déi Rechebeispiller nogelauschtert, an awer stellen ech mer Froen. Huele mer emol eng Famill, déi en Haus keeft, wat un d'Grenzen... Leit, déi net vill hunn, déi dann eppes kafen iergendwou, wou d'Wunnen nach méi bëlleeg ass, a si hunn d'Grenze vun hirer Kreditfäeg-keet ginn. Dofir kafe se en Haus vun 250.000, 300.000 Euro, wat net an engem gudden Zoustand ass, wat grouss Energieverloschter huet, mä wou se un d'Grenze vun hirer Kreditfäegkeet ginn. An da wëlle se dat vläicht sanéieren.

Huele mer och un, einfach als Rechebeispill, se ginn 200 Euro de Mount aus fir Energiekäschen. An da ka sanéiert ginn. An no der Sanéierung, dann hu se 50% gewonnen an da bezuele se nach 100 Euro. Mä se bezuelen net nëmmen déi 100 Euro Energiekäschen, mä mat deem zënsslose Kredit, dee se da kréien, 50.000 Euro, 5.000 Subvention, kréie se e Kredit vu 45.000 Euro, dee se iwwer 180 Méint mussen ofbezuelen. Dat sinn 250 Euro de Mount.

Dat heescht, Leit, déi scho souwisou un der Grenz vun hirer Kreditfäegkeet sinn, hunn dann e Kredit vun 250 Euro de Mount ofzebe-zuele plus d'Halschent vun deenen Energie-käschen, déi si virdrun haten. Da si se bei 350 Euro amplaz 200 Euro.

Dat ass awer e Rechebeispill, fir ze weisen, dass déi Äermst oder déi, déi an enger Energieprekaritéit sinn, net onbedéngt heivunner profitéieren, an dass mer dofir déi Iddi vun enger Subventionéierung fir extra déi dote Leit net sollen aus den Ae verléieren an net soen: „Mat der Klimabank hu mer elo déi dote Problemer all geléist.“ Dat ass sécher net de Fall!

Eng aner Fro ass och: Wa mer elo kucken, no wéi enge Kritären oder wat déi Projekte sinn, déi do kënne subventionéiert ginn, dann ass d'Fro och: Ass alles sënnvoll? Ass et sënnvoll Pel-letheizungen ze subventionéieren; och no Ëm-weltekritäre gesinn? Well mer wëssen, wéi ëmstridden dat och ass. Mir wëssen, dass d'Pel-lets vill méi Transport verursaache wéi aner Energieformen, wéi zum Beispill de Gas, an dass deenen hir Gesamtëmweltbilanz vläicht guer net esou positiv ass. An awer gi se an dësem Gesetz gefërdert.

Mä wat elo fir eis interessant ass, dat ass, fir hei Froen ze stellen an op d'Geforen opmierksam ze maachen, déi bis elo nach net gestallt gi sinn, well et ass jo hei awer all erëm eng Kéier och erëm e Versuch vum Stat, fir Mentalitéiten ze beaflossen, fir d'Verhale vun de Leit ze änne-rem. Et ass also schonn intrusiv. A mir wollten dofir vläicht op e puer Sujeten ze schwätze kommen.

Dat eent ass deen ëmmer penale Charakter vun deene Mesuren, déi geholl ginn. Ech huelen als Beispill den Energiepass. Den Energiepass, do kann ee sech wierklech froen, ob et néideg ass, eng penal Strof virzegesinn, wann ee keen Energiepass huet, an och de Sënn, ob den Energiepass ëmmer sënnvoll ass. Ass et wierklech sënnvoll, dass en Haus, dat muss ofge-rappt ginn, nach en Energiepass brauch? Dat steet nach ëmmer am Gesetz, wann ech rich-teg informéiert sinn, och wann d'Notairen do e bëssen eng aner Praxis schéngen ze huelen. Mä dat schéngt nach ëmmer esou ze sinn. En Haus, wat zwangsversteigert gëtt, brauch een Energiepass.

Ass et de Leit wierklech zouzemudden, déi en Appartement an enger Residenz hunn, dass eng ganz Residenz muss en Energiepass aus-stelle loosse, weinst engem Appartement, wat

soll verkaaft oder verlount ginn? Och do musse mer eis d'Fro stellen, ob mer net ze wäit ginn, souwuel an deem penalen Aspekt wéi och an der Sënnhaftegkeet vun deenen Dispositiounen, déi mer hunn.

An deen Zwangscharakter vun der staatlecher Intrusioun am Ëmweltberäich, dee gesi mer och bei anere Saachen. Mir gesinn e bei där Méiglechkeet vu Kontrollen Dag an Nuecht praktesch an Ëmweltgesetzter, wou och keng Proportioun méi ass tëschent deem, wat wierklech erreecht soll ginn duerch e Gesetz, an der Häert vun der Kontroll an der Konsequenz vum staatlechen Agrëff an d'Liewe vun de Leit. Mir hunn et gesi bei de Quecksëlwerbieren, fir e ganz einfach Beispill ze nennen, wou mer och net vergiessen, wéi séier d'Leit do mat Saache konfrontéiert ginn, déi an hir eege Wunneng kommen, déi awer héichgëfteg sinn.

Mir hunn also hei eng Rei Entwécklungen. An ech wëll unhand vun dräi konkrete Beispiller, eent direkt, wat hei an de Gesetzter virgesinn ass oder op dat mer elo ze schwätze koumen, weisen, wéi d'Gesellschaft sech entwéckelt a wou Gefore kënne leien.

Dat Éischt ass de Begrëff vun der Suffizienz. Dat ass och eppes, wat am Kontext vun der Ener-gieprekaritéit ëmmer erëm gesot gouf: Mir sol-len de Leit vermëttelen, wat duergeet un elek-treschen Apparater, wat duergeet un Energie-verbrauch. Dat ka sënnvoll si bei Leit, déi Pro-blemer hunn, mat hirem Budget ëmzegoen. Bei Leit, déi wierklech net eens gi mat Suen, kann et natierlech sënnvoll sinn, se ze beroden. Mä och hei ass d'Gefor, dass iergendwéi ni eng Kéier de Stat higeet an de Leit seet: „Ma et geet duer, wann s De eng Televisioun hues, et geet duer wann s De ee Radio hues, an du muss esou an esou liewen“, well alles wär net méi responsabel, well et ze vill Energie ver-braucht.

Dat gesi mir och an engem Zesummenhang mat deenen intelligente Compteuern, déi elo kommen. Dat kann eng gutt Saach sinn, wann et de Leit hëlleft, Energie ze spueren. Mä maa-che mer dach d'Aen net zou virun all deene Gefore fir d'Privatsphär, déi och kënneen do-madder verbonne sinn! Déi Donnéeën, déi ge-sammelt ginn, wou mer net wëssen oder net sécher si mat leschter Konsequenz, wéi se sau-véiert ginn, firwat se kënne gebraucht ginn, wou de Stat elo eng Kontroll kann driwwer hunn, wie wéini doheem ass, wat en do mécht. Ass dat harmlos, kombinéiert mat all deenen aneren Efforten, fir de Leit ëmmer méi do eng Liewensweis virzeschreiwen?

Ech wëll emol net op déi Gefore wéi Elektro-smog an esou weider agoen, mä ech mengen, mir hunn hei eng Entwécklung hin zu dem gliese Bierger. De Stat, deen dann technesch d'Méiglechkeet huet, de Bierger komplett ze duerchlichten, ze kontrolléieren am Ëmweltbe-räich, och an anere Beräicher vum Liewen. An ëmsou méi grouss muss d'Verantwortung vum Stat sinn, fir déi Gefore selwer ze erkennen a sech selwer Limitten opzeerleeën, fir dass esou Dériver net kënne geschéien.

An Är Iddi vun de Passivhaier, déi elo obliga-toresch sinn, erënnert eis och a méi wéi enger Hisiicht un dat dote Verhale staatlechersäits. Et wier also erëm eng penal Saach, well wien net passiv baut, deen hält sech jo net un de PAP vun enger Gemeng, un de Plan d'aménage-ment particulier. A wie sech net dorunner hält, dee mécht sech ebe penal stroffälleg.

Also och hei erëm eng Kéier ganz, ganz staark en Agrëff vum Stat fir eng Technologie, déi nei ass, fir eng Technologie, déi nach dowéinst net richtig erpréift ass iwwer laang Zäiten, wou mer awer Etüde gesinn hunn aus Kalifornien, déi soen, dass e Passivhaus u sech net man-ner Energie verbraucht, well sech och d'Verhale vun de Leit op eng Manéier ännert, mat där een net gerechent hat.

Et gëtt sécher positiv Säiten. Wann d'Hand-wierk elo kann nei Talenter hei entwéckelen, nei Beruffer vläicht entwéckelen, dass méi muss geschafft ginn am Energieberäich, alles dat ka positiv Niewewierkungen hunn, mä loosse mer och hei bei de Passivhaier net d'Aen zoumaa-che virun de Problemer! De Schimmel an den Haiser. Wéi ass mat den Isolatiounsmaterialien, déi an der Fassad an op anere Plaze sinn? Wéi ass et mat der Renovatioun vun engem Passiv-haus? Dat gëtt vill méi deier, well dat Sonder-müll zum Deel ass. Wéi ass et mam Baupräis iwwerhaupt vun engem Passivhaus duerch déi Technologien? Ginn déi net nach méi deier, wéi déi Haiser, déi mer am Abléck bauen? A maa-che mer et dofir net nach méi Leit onméig-lech, hei am Land Wunnraum kënneen ze kafen, Haiser kënneen ze bauen, ganz einfach well déi nei Virschreften, déi nei Technologien d'Bauen nach vill méi deier maachen?

Alles dat si Froen, déi mer eis stellen, wou mer eigentlech ëmmer erëm opmierksam maachen op déi Spannungsfelder, déi mer hei ent-wéckelen tëschent dem Besoin fir den Ëmwelt-

schutz oder den Atmosphäreschutz oder de Kli-maschutz op där enger Säit an dem Recht vun de Leit op Privatsphär an awer och dem Recht vun de Leit op wunnbar an op bezuelbart Wun-nen hei am Land wa méiglech.

Mir hunn och festgestallt, dass an deene Geset-zer, wéi se eis elo haut presentéiert gi sinn, u sech d'Betriber net incitéiert ginn oder net ge-hollef kréien, fir hir Energierenovatioun ze maachen, ausser elo eng Gesellschaft, déi an der Locatioun, am Wunnraum ass. Mä et ass jo och wichteg, dass eis industriell Landschaft, eis Kleng- a Mëtteleentrepenen an finanziell gehol-lef kréien. An do ass d'Fro: Wat mécht d'Regie-rung speziell an deem Beräich, fir och eis Betri-ber ze entwéckelen a fir hinnen do an deem Beräich ze hëllefen?

Ass d'Zäit ofgelaf?

Da wollt ech zum Schluss kommen. Merci, Här President. An iwwert de LENOZ... Gutt, mir denken och, dass muss alles fräiwëlleg sinn. Dat gesot, wëll ech also hei als Konkusioun soen, dass mer eis deene Geforen an deene Froe ganz bewosst sinn, déi mer an deem dote Beräich vun der Gesellschaftsentwécklung hunn. Mä déi véier Gesetzter, déi mer haut virleien hunn, déi wäert d'ADR matstëmmen.

Ech soen lech Merci.

► **Une voix**.- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci och dem Här Kartheiser. An den nächste Ried-ner ass den David Wagner.

► **M. David Wagner** (*déi Lénk*).- Merci, Här President. Lëtzebuerg steet bei der Reduktioun vun den Zäregase viru groussen Erausfuerde-rungen. Eisen Ausstouss muss äusserst rapid erofgoen. Mir sinn engersäits mënschlech do-zou verflucht, well eisen Ausstouss pro Kapp ee vun den héchsten op der Welt ass a fir vill Mën-schen haut schonn eng Gefor bedeit, well e mathëlleft, d'Liewensgrundlagen a ganze Re-giounen a besonnesch am globale Süden och ze zerstéieren. Mir sinn awer och rechtlech u sech schonn op internationalem Plang ver-pflicht, well mer den Accord vu Paräis ratifizéiert hunn a vun der EU verbindlech Ziler beim Kli-maschutz gesat kréien.

De Gesetzespak, dee mir elo hei diskutéieren, dee soll an éischter Linn eben déi Effikassitéit an déi Aspuerung beim Energieverbrauch vun de Wunnenge betreffen. Den Ausstouss, deen duerch de Verbrauch vun Energie an den Haiser an an den Appartementer entsteet, stellt och en net ze négligéierenden Undeel vum Ge-samtausstouss duer. Et ass also wichteg, Instru-menter ze entwéckelen, fir dat wierklech wierk-sam kënne unzegoen.

Wann ee mat Hëllef vun der energetescher Sanéierung Klimaschutzpolitik wëllt maachen, esou wéi et jo och am Exposé zumindest emol ugedeit ass, da muss een awer och definéieren, wéi ee Bäitrag se leeschte soll a kann. Wat sinn d'Ziler vun der Regierung? Wéi een Impakt gëtt uviséiert? Wivill Wunnenge solle pro Joer ene-getesch sanéiert ginn? Ouni kloer Zilsetzung weess een net, wat een iwwerhaupt erreeche wëllt. Doduerch kann een och ni kloer gesinn, ob en Instrumentarium Erfolleg hat oder net a wéi een duerno och noajüstéiere muss. Mä do huet jo och den Här Schank dozou eng Mo-tioun déposéiert, déi vläicht an déi Richtung geet.

Dat deit fir eis op alle Fall emol drop hin, dass dëse Projekt keng grouss Prioritéit huet an och net vill Wierkung wäert hunn an dass d'Regie-rung dat eigentlech u sech och scho weess.

Här President, déi Gesetzter an dësem Pak, déi véier Gesetzter, déi ëmmer als Klimabank sou-wisou genannt ginn... Mir si ganz wäit ewech vun enger Bank d'ailleurs. Et huet zwar mat Banken ze dinn.

► **Une voix**.- Allerdéngs!

► **M. David Wagner** (*déi Lénk*).- Et huet mat Banken ze dinn. An déi gewannen och drun; dat däréi een net vergiessen. Mä ça n'a rien à voir mat enger Bank. Déi solle grosso modo déi heiten Zwecker erfüllen. D'Aidë beim Neibau vu Wunnengen a fir d'energetesch Sanéierung a fir d'Installatioun vun erneierbaren Energië ginn an engem Gesetz festgehalten, ouni gréis-ser Neierungen awer par rapport zum ale Reglement. Eng nei, méi ëmfaassend a méi sënnvoll Zertifizéierung fir d'Qualitéit vun de Logementen gëtt agefouert, an all d'Hëllefen am Beräich Logement, also och déi, déi d'Ener-gie ugnn, kënneen zukünfteg an engem Gui-chet unique ugefrot an traitéiert ginn.

Här President, ech mengen och, dass den Här Kox mech ugeschwat hat, oder wahrschein-lech. Ech ginn dovunner aus, well ech gëschter en Interview ginn hat. Mir hu jo och en... Et war hei um véier Auer. Matzen an de Budgets-debatten hunn ech schnell eppes gesot, awer...

(**Interruption**)



Esou ass dat. Mä mir hunn eis falsch verstanen. Ech misst mech eng kéier erëm nohéieren. Mir si bei Wäitem net géint de Prinzip vum Guichet unique. Dat hunn ech, mengen ech, awer och souguer kloer gesot. An dat wäerte mer jo och matstëmmen, maacht lech do keng Suergen! Also, dat mécht wierklech Sënn an eisen Äen. Mir sinn d'autant plus mam Prinzip vum Guichet unique averstanen. Dat, wat mir kritiséieren, ass de Pensum un Aarbecht an u sech d'Opstockung.

### (Interruption)

Jo, ech gleewen dorunner, datt déi Leit prett sinn - dat ass net de Problem - a kompetent sinn. Mä souwäit ee versteet, kënn eng Persoun bäi. Ob dat wierklech wäert duergoen, dat ass awer higestallt. Mir sinn net déi eenzeg, déi dat soen d'ailleurs och. Also, de Mouvement écologique seet dat och. Mä wann een natierlech dovun ausgeet, datt een eng relativ kleng Unzuel u sech vu Renovatiounen upeilt, da versteet een, datt ee vläicht net ganz ambitieus ass op deem Niveau. Mä ech wollt awer ënnersträichen, datt mer de Prinzip vum Guichet unique selbstverständlech - selbstverständlich! - ënnerstëtzten.

Am Exposé des motifs och zum Gesetz iwwert d'Aiden steet kloer dran, dass déi energetesch Sanéierung zu Lëtzebuerg bis elo wéineg Erfolleg hat an hannert den Erwaardungen zréckbliwwen ass. Am Saz drënner steet awer dann direkt, dass awer näischt Grondleeëndes geännert gëtt. Jo, wann eppes näischt ginn ass, da misst ee sech awer vläicht d'Fro stellen, firwat een net versicht, grondleeënd eppes ze verännere. Dofir verwonnert et dann och net weider, wann an der Fiche financière justement och déi Opstockung vun deem Guichet unique just mat enger Persoun virgesinn ass, wéi ech dat virdru gesot hunn.

Här President, hei soll dann och nach eng nei Méiglechkeet fir Stéit, e Klimakredit mat 0% oder mat engem Taux réduit opzehuelen, Ofhëllef schafen. Dat ass u sech de Kär och e bësse vun där Reform. E Stot, deen also an Zukunft wëllt eng energetesch Sanéierung maachen, ka bei eng Privatbank goen a Suen dofir léinen, an de Stat iwwerhëlt d'Zëse ganz oder deelweis. Bei engem Kredit mat 0% Zëse bis 50.000 Euro garantéiert de Stat dann och de Prêt.

Wéi kann ee sech dat dann elo awer an der Praxis virstellen? Dann huet een eng Famill mat zwee Kanner, déi wëllt hir Energiekäschten drécken, iwwerleet sech dann och, wéi se sech dat leeschte kann. An da leeft se no un der Aarmutsgrenz. Se huet der leschter Statec-Etüd no also e verfügbart Akommes pro Mount vu knapp 4.000 Euro. Si hat Chance natierlech, well se en Haus geierft huet. Well wie ka sech schonn zu Lëtzebuerg mat 4.000 Euro de Mount en Haus kafen? Also, wat fir eng Méiglechkeet huet déi Famill? Si kënn a Fro fir de Klimakredit bis 50.000 Euro mat 0% Zësen, well dee kann eng Famill mat zwee Kanner bis e Revenu mensuel vun ongeféier 4.500 Euro kréien.

Wa se elo awer eng anstänneg Sanéierung plange wëllt, duerfir ginn - an dat wësse mer - 50.000 Euro bei Wäitem net duer, da réischt se awer an de Prêt mam Taux réduit eran. Se muss also Zëse bezuelen, an de Prêt ass och net méi vum Stat assuréiert.

Mä wien erwaart sech da konkret vun esou enger Famill, datt si sech verschëlt, vläicht zousätzlech, fir eng energetesch Sanéierung ze finanzéieren? Et muss ee souwisou scho motivéiert sinn; dat ass net onbedéngt jiddwereen, dat ass en anere Problem. Mä et muss een och dee Risiko agoen. Well ech mengen och, déi Famill kuckt dann éischter, fir um Enn vum Mount iwwert d'Ronnen ze kommen a wëllt och net weider Mensualitéiten op engem Prêt rembourseren, mat oder ouni Zësen d'ailleurs. A se ka sech wahrscheinlech iwwerleeën, fir mat deene Suen eppes aneres ze maachen natierlech. Besonnesch och net, wann net kloer ass, datt d'Mensualitéit net méi grouss ass wéi schlussendlech d'Energiekäschten, déi pro Mount duerch d'Sanéierung agespuert ginn.

Mir mengen also, dass dat Gesetz hei ganz wäit vun der Realitéit vun deenen allermeeschte Stéit ewech ass. Wann déi Famill och nach Locataire wier an net Propriétaire, da wier se nach méi domm drun. De Klimakredit mat 0% ass net applikabel fir verlounte Wunnengen. A generell hunn d'Bailleurën éischter manner Interesse, fir eng Wunneng ze sanéieren, an där se selwer net wunnen an an där si déi héich Energiekäschten net bezuele müssen.

Mir sinn der Meinung, dass ee vun de meeschte Leit net erwaarden an och net verlangen kann, dass si sech verschëlden, fir hiert Haus ze sanéieren. Esou funktionéiert dat an der Praxis einfach net oder et trifft nëmmen eng Minoritéit vu Leit, déi äusserst bewosst sinn. Mä do stellt ee sech d'Fro, ob dat weiderhin effikass ass.

An do muss ee sech iwwerhaupt d'Fro stellen: Firwat huet et an deene leschte Jore mat der energetescher Sanéierung souwisou net esou geklappt, obwuel et awer schonn Aidë goufe fir Aarbechten? Mä well d'Stéit keng Schold kënnen a wëllen ophuelen, fir dat ze maachen, scho guer net, wa se finanziell net besonnesch gutt dostinn an och ekonomesch keng Sécherheet hunn, well se zum Beispill vläicht en CDD hunn. Well do si mer erëm natierlech bei engem Prêt.

Iwwerhaupt gesi mer dës Approche, déi doranner besteet, sech erëm op de Marché ze verlossen an de Banke schlussendlech e gutt Geschäft ze erméiglechen, ganz kritesch. Well d'Banke verzichten net op hir Zësen. De Stat bezilt se an domadder och schlussendlech d'Salariéen an d'Locataires an esou weider. Déi ëffentlech Gelder wieren an eisen Ae besser direkt an Transitiounsprojeten investéiert, anstatt datt se an d'Bilane vun de Banken eraflëssen.

Zum Ofschloss, Här President: Mir gesinn den Invest an d'energetesch Sanéierung vum Wunnenspark an och an den Ausbau vun den erneuerbaren Energien als eng grouss Chance, net nëmme fir de Klimaschutz, mä och fir verschidden Ongläichheeten ofzebauen, a fir déi sozial an ekologesch Transformatioun vun eiser Wirtschaft mat der Schafung vun Aarbechtsplazen an engem Secteur, an deem vill Handwierksbetriber aktiv sinn. Mir sinn awer der Meinung, datt esou Investitiounen nëmme mat ëffentleche Mëttele déi fortschrëttlech Wirkung op d'Gesellschaft kënnen hunn, och well nëmmen ëffentlech Finanzéierungsmodelle, déi net bei all Operatioun de Profit als iewescht Zil hunn, sozial Akzenter erméiglechen.

Mir hu jo och schonn als déi Lénk virun engem Joer - ech hunn dat kuerz gëschter nach ugeschwat - eng Schafung vun enger nationaler Wunnungsbaugesellschaft virgeschloen, déi ëffentlech Locatiounswunnenge kéint bauen. Mir haten och als Finanzéierungsquell de Pensionsfong virgesinn, dee jo souwisou schonn Immobieliekreditter vergëtt. A bei der energetescher Sanéierung kéint ee sech dat och äänlech virstellen. Do kéint ee sech och e Mix virstelle vu Finanzementer iwwert d'Banque d'investissement européenne, déi och souwisou schonn esou Kreditter mécht, an anerersäits ëffentleche Gelder an eben och dem Pensionsfong.

Et gëtt och Modeller, an net wäit ewech souguer vun der Groussregioun, an der Région Picardie, mengen ech, a Frankräich, wou dat och iwwert, et ass net genau dee Modell do, mä iwwert d'ëffentlech Hand leeft an net iwwert déi Subventiounen vu Prëten a vun Tauxe bei Banken.

Dofir wäerte mer also net hallef, mä zu dräi Véierels u sech mat Jo stëmmen, an ee Projet de loi wäerte mer net unhuelen. Dat ass de 7055, dee justement iwwert de Régime d'aides. Deenen anere gi mer awer trotzdem eis Zoustëmmung, och alles dat, wat de Guichet unique betrëfft.

Ech soen lech Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Bleift nach eng Sekonn hei! Ech mengen, den Här Rapporteur wëllt lech eppes mat op de Wee ginn.

► **M. David Wagner (déi Lénk).** - Yes.

► **M. Max Hahn (DP), rapporteur.** - Jo, vläicht souguer zwou Saachen, an der Hoffnung, dann awer vläicht dem Här Wagner seng Partei ze iwwerzeegen, och nach dee véierte Projet hei ze stëmmen, well et wier jo da flott, wa mer hei Konsens bei deene véier Projekte géife kréien.

Zum engen huet den Här Wagner a sengem Communiqué, dee se gëschter als Partei erausginn hunn - en huet dat awer haut och um Riednerpult gemaach -, eigentlech bemängelt, dass een net konkret vun Zuele géif ausgoen, wivill Zuelen dann d'Regierung hei mat deem heite Gesetzestext - ech schwätze ganz kloer vun de Klimaprëten - géif cibléieren.

An dat ass wierklech kee Virwurf un lech, Här Wagner! Verstitt mech net falsch! Mä wann ee sech d'Fiche financière vun deem heite Gesetz ukuckt, da stellt ee fest, dass mer vu 400 Dosiere wäerten ausgoen.

### (Interruption)

► **Une voix.** - Ass dat eng Fro?

► **M. Max Hahn (DP), rapporteur.** - Et ass souguer esou opgedeelt, dass een Drëttel dovun à taux...

### (Brouhaha)

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Et ass de Rapporteur, deen eng Präzisioun gëtt.

► **M. Max Hahn (DP), rapporteur.** - Merci. Et ass souguer esou, dass een Drëttel...

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Den Här Wolter hat komplett recht.

### (Interruption)

► **M. Max Hahn (DP), rapporteur.** - Et ass souguer esou, dass een Drëttel dovun à taux zéro wäert sinn - also 133 Dossieren -, an 277 wäerten à taux réduit sinn. Dat vläicht als just Bemierkung. Wéi gesot, dat ass lech vläicht entgaangen.

► **M. David Wagner (déi Lénk).** - Ech hunn dat awer mentionnéiert, pardon, entschëllegt. Also déi 400 hat ech mentionnéiert, jo.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Also, wann Der wëllt weider diskutéieren...

### (Hilarité générale)

► **M. Max Hahn (DP), rapporteur.** - Mä, wéi gesot, d'Zil...

► **M. David Wagner (déi Lénk).** - Dir kënn heemgoen. Also, den Här Hahn an ech ginn eens.

### (Interruption)

► **M. Max Hahn (DP), rapporteur.** - D'Zil ass et jo, fir den Här Wagner och nach iwwerzeegt ze kréien. Als Rapporteur, denken ech, ass dat eng vu mengen Aufgaben.

Da wëll ech nach op eppes opmierksam maachen, wat mech dach awer iwwerrascht huet, wann den Här Wagner dervu schwätzt, dass hei eigentlech net vill Leit cibléiert wieren. Ech wëll em zum enge soen: D'Leit sinn eigentlech all cibléiert heivun, wéi gesot, well mer zum engen en Taux réduit (veuillez lire: en Taux zéro) hunn, wou mer awer fir eng eenzel Persoun vun engem Revenu imposable schwätze vun 3.400 Euro - Revenu imposable! - de Mount, respektiv fir d'Famill. Well Dir dat Beispill gesot hutt mat den zwee Kanner, do schwätze mer vun engem Montant vu 4.500 Euro Revenu imposable de Mount.

An da wëll ech lech soen, wann Dir sot, do wier et Stop, da géif ech soen, dann hätt Der mat Ärer Kritik recht. Mä et ass jo esou, dass mer eigentlech en zweite Prêt agefouert hunn, an zwar deen à taux réduit, wou een den aktuellen Zënssaz minus 1,5% hält, an dann, bei deenen aktuellen Zënssätz, déi mer haut kennen, leie mer och bei 0%. An dat ass komplett onofhängeg vum Akommes.

Dat vläicht just nach als zousätzlech Bemierkung. Ech weess net, ob ech lech beweegt kréien, dann awer vläicht eng kleng Marche arriere ze maachen. Mä, wéi gesot, ech wollt et op d'mannst probéiert hunn.

► **M. Claude Lamberty (DP).** - Allez, Här Wagner! Hépp! Allez!

### (Interruption par M. Gast Gibéryen)

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Huet de Rapporteur lech iwwerzeegt?

► **M. David Wagner (déi Lénk).** - Also, wann en d'nächst Joer vläicht dat Gesetz mat enger Proposition de loi ännert, da kann en erëm eng kéier versichen, mech ze iwwerzeegen, mä...

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci. Domat wäert Der um Enn vun Ärer Riedezäit. An deen nächste Riedner ass den Yves Cruchten.

### (Interruptions et hilarité)

Vu wem ass dee gros Soupir do komm?

► **M. Yves Cruchten (LSAP).** - Ech si kengem béis, Här President.

### (Hilarité)

Et ass ganz ondankbar, fir hei als Leschten ze schwätzen, well jiddwereen ëmmer dovunner ausgeet: Wann den David Wagner bis fäerdeg ass, dann ass et geschwënn eriwuer.

► **Une voix.** - Maja!

► **M. Yves Cruchten (LSAP).** - Leider ass d'Reglement esou, wéi et ass. Mä bon, mir kënnen eis jo allegueren domadder tréischten, dass mer déi véier Gesetzgeber beieneen huelen. Dat erspuert eis weinstens, dass véier Leit vun all Partei am Ganzen dozou geschwat hätten. Ech versprechen lech och, dass ech probéieren, et esou kuerz ze maache wéi méiglech. Et ass natierlech als siwente Riedner quasi onméiglech, net Saachen ze widderhuelen.

Bei verschiddene Saachen ass et vläicht awer och souguer gutt, wann ee se widderhëlt, wa se wichteg sinn. Zum Beispill huet meng Kolleegin, d'Taina Bofferding, virdru kloer gemaach, dass et sech bei dësem Gesetzespak net direkt ëm sozial Mesuren handelt an et och net virrangeg drëms geet, de Bestand vun de Wunnengen drastesch an d'Luucht ze schrauwen. Allerdéngs sollte mer net vergiessen, dass vill vun de méi schlecht gestallte Ménagen net nëmmen deier an op klengem Raum wunnen, mä leider allze dacks och a qualitativ schlechten, jo heiansdo souguer ongesonde Wunnengen lieue müssen.

D'Sanéiere vun de Wunnengen duerf deemno net just eppes fir déi Räich sinn, déi sech et

leeschte kënnen. Dofir ass et wichteg ze ënnersträichen, dass sech dës nei Gesetzgeber och un d'Propriétaires riichten, déi hir Wunnengen weider verlounen, an deenen et vläicht bis elo net esou wichteg war, wéi hir Locataire wunnen.

Am Kader vum Paquet Klimabank an dem nohaltege Wunne ginn déi finanziell Hëllef ugepasst, déi am Moment ënnert dem Numm PRIME House bekannt sinn. Et gëtt am Projet de loi 7046 zwou wichteg Ännerungen, déi hoffentlech derzou féieren, dass méi staark wéi bis elo op dës Hëllef zréckgegraff gëtt.

Éischtens gëtt gekläert, wéi dës Hëllef bei Copropriétaires opgedeelt ginn, an zweetens wäerten an Zukunft och d'Personnes morales dovun profitéieren. Dës finanziell Ënnerstëtzung ass deemno gréisstendeels net nei, mä et ass awer derwäert, dass ee vun Zäit zu Zäit iwwerpréift, ob se an där Form nach Sënn mécht oder net a muss iwwerschafft ginn.

Als LSAP si mir der Meinung, dass dës Hëllef Sënn maachen. Wa mer zu Lëtzebuerg wëllen eis Ofhängegkeet vu fossiler Energie a vum Import vun Energie reduzéieren, da muss mer insgesamt eis Energieeffizienz verbessern a selwer méi erneierbar Energie produzéieren. All d'Etüden, déi mer iwwert déi lescht Jore gemaach hunn, weisen eis, dass de Logement ee vun deene Beräicher ass, wou mer e grousst Verbesserungspotenzial hunn.

D'Rifkin-Etüd gräift dat nach emol op. Mä dat bekräftegt am Fong just, wat mer schonn zanter enger Rei Jore wëssen an och schonn hei an der Chamber méi wéi eng kéier gesot hunn. Dofir hu mer jo schréttweis d'Norme fir nei Haiser méi streng gemaach. Et gëtt awer och Grenze beim deem, wat de Stat de Leit zoumude kann. Wann een nei baut no den aktuell beschtméiglechen Energiestandarden an et wëllt een och nach méiglechst energiefrëndlech bauen an ëmweltfrëndlech bauen, dann huet dat säi Präis. An dat an enger Situatioun, wou e ganz groussen Deel vun de Leit grouss Schwierigkeeten huet, iwwerhaupt un eng Wunneng ze kommen.

Bei der Albusanéierung ass de Problem ganz äänlech. Mir hunn e grouse Bestand un Haiser, déi vun der Isolatioun hier alles anescht si wéi gutt. Si gi meeschtens kauft vu Leit, déi sech en Albau esou just leeschte kënnen a keng Sue méi Rescht hu fir e konsequenten Assainissement énergétique oder och nach eng Fotovoltaikanlag. Als Stat hu mir awer en Interesse dorun, de Bestand vun eisen Haiser no an no op en Niveau ze bréngen, deen och méi laangfristeg gutt ass. Iwwert déi nächst Jorzéngte gekuckt, wäerten d'Energiepräisser mat grousser Wahrscheinlechkeet zolid an d'Luucht goen. An déi Haiser, déi mer haut bauen a renovéieren, wäerten dann zu engem gudden Deel nach ëmmer stoen.

De Stat versicht, mat esou Mesurë wéi deene Projeten, déi mer haut stëmmen, Privatleit eng Stäip ze ginn, fir Investitiounen ze maachen, déi éischter laangfristeg e positiven Effet wäerten hunn, souwuel op d'Klima wéi och op de Portmonni.

Ech begrëissen d'Verbesserungen vun de Bähëllef, déi mer elo maachen. Fir datt dës Bähëllef hiren Zweck erfëllen, ass et extrem wichteg, dass d'Ëmsetzung an der Praxis och gutt funktionéiert. Dofir ass de Projet de loi 7053 iwwer eng nei Form vun Zertifizéierung e wichtige Complément. Et geet ënner anerem dorëms, während dem Bau e besseren Iwwerbléck ze behalen, wéi sech eenzel baulesch Moosnamen op d'Energieeffizienz auswierken.

D'LSAP fënnst et an deem Kontext ganz gutt, datt vum 1. Januar un elo och Wäert geluecht gëtt op d'Energiebilanz vum Material, wat um Bau verschafft gëtt. Dat ass och e wichtigen Aspekt vum nohaltege Bauen. Vill ze laang gouf eleng op den Energieverbrauch vum Haus gekuckt, ouni Rücksicht ze huelen op d'Material. D'LENOZ-Zertifizéierung erméiglecht eis, Erfahrungen ze sammelen a spéider eventuell dës Zertifizéierung unzepassen. Et gëllt jo hei, en Équilibre ze fannen tëscht op där enger Säit dem Opwand an de Käschten, deen esou eng Zertifizéierung mat sech bréngt, an op där anerer Säit deem tatsächlechen Notzen.

Et bleift ofzewarten, wéi gutt sech dat Instrument an der Praxis uwenne léisst an ob et déi erwaarte Plus-value bréngt. Méiglecherweis ergi sech dobäi och nei Erkenntnisser, wéi mer besser garantéiere kënnen, dass am Resultat déi gewënschten Effizienz och wierklech erreecht gëtt.

Et ass awer weiderhi keen zouverlässege Kontrollmechanismus virgesinn, fir ze iwwerpräieren, ob beim Oflaf vum Bau all technesch Detailer wéi zum Beispill d'Vermeide vu Kältebré-



cken uerdentlech ausgefouert goufen. Do beschränkt sech de Stat weiderhin op den Dossier „As Built“, deen ee fir d'Subside muss zesummestellen. Dësen Dossier garantéiert awer a kenger Weis d'Qualitéit vun der Exekutioun um Schantjen.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Yves Cruchten (LSAP).**- Och wann zum Beispill all d'Materialien den Donnéeë vum Energiepass entspriechen, kann eng falsch Mise en œuvre déi gesamt Efforten op de Koup geheien an dem Bauhär seriöe Schued bereeden.

En Haus bauen, ass ëmmer erëm eng Prototyp-Aarbecht. Do ass d'Kontroll um Schantjen immens wichteg, well et si schliisslech Mënschen a keng Roboter, déi eis d'Haiser bauen. E Feeler ass do séier geschitt, a leider huet deen haut vill méi Konsequenze wéi nach viru 15 Joer. Wann net no de Règles de l'art gebaut gëtt, dann huet natierlech de Bauhär dee gréisste Schued. Mä och de Stat gëtt geschruppt, well e vläicht Subsidien ausbezitt, déi net geschélt sinn. Zulescht ginn och eis Klimaziler, déi mer eis gesat hunn, net erreecht.

Net vergiesse sollt een och, dass eng falsch oder schlecht Isolierung an eenzelne Fäll och kann en Impakt op d'Gesondheet hu vun deene Mënschen, déi an deenen Haiser liewen. D'Kontroll ass dofir ëmsou méi wichteg.

Ech wëll domat net den Entreprises ënnerstellen, dass si generell hir Aarbecht net gutt géife maachen. Grad de Contraire ass de Fall! Et gëtt awer och am Bausecteur wéi iwwerall soss och schwaaarz Schof, déi all deenen aneren deloyal Konkurrenz maachen, well se mat onqualifizéierter Leit an ouni déi néideg Suergfalt schaffen.

E bessere Konsumenteschutz ass an dësem Beräich souwuel am Interessi vun deene ville Betriber, déi an d'Formation vun hire Leit investéieren an eng qualitativ héichwäerteg Aarbecht ubidden, wéi och am Sënn vum Bauhär, deen ee Recht drop huet, eng fair Leeschtung ze kréien, fir déi Suen, déi en investéiert huet.

Wann de Stat d'Qualitéitsstandarden, déi e selwer setzt, net konsequent iwwerwaacht, da risquéiert et ze goen, wéi bei der... Elo kréien ech schonn dem Taina seng Kränkt.

(*Hilarité*)

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Dat ass en Zeechen.

► **M. Yves Cruchten (LSAP).**- Dat ass en Zeechen. Et ass dréchen heibannen.

(*Brouhaha*)

Wann de Stat d'Qualitéitsstandarden, déi ee selwer setzt, net konsequent iwwerwaacht, da riskéiert et ze goe wéi bei der Automobilindustrie, wou mer zanter Jore vermeintlech emissionsaarm Auto subsidiéieren, nëmme fir herno feststellen, dass d'Constructeurs et duerch Manipulationen an Trickserieie fäerdgebruecht hunn, d'Emissionen virun allem um Pabeier ze drécken. Der Émwelt an de Clienten ass domadder keen Déngscht gelescht.

Et ass kloer, dass dee Problem net esou einfach ze léisen ass. Kontrolle verlaangen e groust Fachwëssen an alle Beräicher vum Bau. Et muss een och déi néideg Zäit a Präsenz um Schantjen opbréngen, fir esou eppes ze kontrolléieren. An dat verursaacht natierlech erëm Käschten, déi mer als Stat net onnéideg wëllen an d'Luucht driewen.

Duerch eng besser Kontroll, duerch déi Feeler vermidde ginn, kann een allerdéngs och Sue spueren. D'Erfahrung mat der LENOZ-Zertifizierung kënnen eis vläicht eng Indikatioun ginn, ob et sënnvoll wier, méi eng systematesch Kontroll während der Bauzäit virzugesinn. Dës Kontroll dem Stat oder de Gemengen ze iwwerloossen, ass absolut net virstellbar. D'Implantatioun, d'Mitoyennetéit, d'Alignementer an de Gabarit solle weider vum Gemengenarchitekt respektiv dem Service technique iwwerpréift ginn, mä hinnen och nach d'Kontroll vum Bau u sech opzeerleeën, ass einfach onméiglech.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Yves Cruchten (LSAP).**- Et gëtt awer aner Méiglechkeeten. An der Belsch zum Beispill iwwerwaacht den Architect dee ganze Bau. Dat ass hei zu Lëtzebuerg net virgesinn. Dem Architect seng Missioun ass bei eis obligatoresch bis d'Baugeneemegung. Duerno ass de Constructeur eleng gelooss. Et soll een awer emol driwwer nodenken, ob dee belsche Modell net och eng Pist wier, fir d'Qualitéit bei eis um Bau ze garantéieren.

De Stat huet e grondsätzlechen Interessedorunner, dass eis Subsidien, déi et gëtt, net ouni reellen Impakt bleiwen. An et misst am Fong och méiglech sinn, e Subsid zréckzefroen, wann duerch eng schlecht Émsetzung um Bau Effizienz ziler net erreecht kënne ginn. Alledéngs wär dat onfair vis-à-vis vum Bauhär, dee jo selwer dee gréisste Schued huet. Hei misst een driwwer nodenken, ob een net Weeër féint, de Bauhär besser ofzesécheren an him et méi einfach ze maachen, eventuell indemniséiert ze ginn.

Et geet mer awer net nëmmen drëms, dass d'Baufirmen, déi net korrekt schaffen, fir dese Schued mussen opkommen. Ee systematesche Realitéitstest mécht et eis als Politiker vläicht och bewosst, wa mer bei där enger oder anerer Bestëmmung einfach ze vill verlaangen an eis Normen net mat der Realitéit um Terrain iwwereneestëmmen.

Dat bréngt mech zu mengem leschte Punkt, dee mer awer och wichteg schéngt. Et geet hei ëm d'Planungssécherheet an déi administrativ Vereinfachung vun de Prozeduren. Et muss een derfir suergen, datt eis Kritären an Normen net dauernd änneren. Dat ass fir de Bausecteur e grouse Problem, well si sech permanent mussen un déi Saachen upasse mat Schulungen an zousätzlechen administrative Paperassen. Dat kann op Käschte vun der Qualitéit um Bau goen. Mir mussen en Équilibre fannen tëschent enger positiver Evolutioun, wou mer nei technesch Méiglechkeete systematesch notzen, an deem zousätzlechen Opwand an de Käschten, déi doduerch entstinn.

Haiser sollen och an Zukunft net un éischter Stell Energiekraaftwierker sinn, mä virun allem Wunnraum, deen de Bedürfnisser vun de Leit entsprécht. Wunnraum, wou se sech wuelfillen, an dee se sech nach iergendwéi leeschte kënnen, ouni dofir mussen zwee Drëttel vun hirem Akommes auszeginn.

Dës sinn déi puer Iwwerleeungen, déi ech mat lech wollt deelen, a gi selbstverständlech den Accord vu menger Partei zu deene véier Projekten.

Villmools Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci dem Här Cruchen. Domat si mer um Enn vun der allgemenger Diskussioun ukomm. An ech ginn dervun aus, dass de Wunnungsbauminister, den Här Marc Hansen, als Éischte schwätzt, well e schonn ënnerwee ass. Här Hansen, Dir hutt d'Wuert.

**Prises de position du Gouvernement**

► **M. Marc Hansen, Ministre du Logement.**- Här President, Dir Dammen an Dir Härren, ech wëll als Éischte den zwee Rapporteure Merci soe fir hiren exzellente schrëftlechen a mündleche Rapport. An da wëll ech awer och begreissen, dass mer haut e ganze Koup u Projeten hei zesumme wäerte praktesch stëmmen an dass et e grouse Konsens gëtt an deem heiten Haus, fir déi véier Projeten hei ze ënnerstëtzen.

Wat näamlech wichteg ass an där heiter Saach, dat ass, fir nach eng kéier op d'Haaptpunkten hinerweisen. An ech wäert mech do natierlech kuerzhalen, mä et stoung am Regierungsprogramm am Dezember 2013, dass et eng vun de Prioritéite wär, fir den Assainissement vun de bestehende Gebaier ze maachen, fir eben allgemeng d'Consommation vun der Energie ze verréngeren an awer och de Risque vun Energiearmut vun de méi fragile Ménagen duerch ëmmer méi héich Heizkäschtchen ze evitéieren.

Ech mengen, dat stoung an deem heite Regierungsaccord an et ass awer op dëser Plaz och schonn de Mëtteg vun dem Marco Schank hei ënnerstrach ginn, dass et och schonn Impulser gouf an der Zäit virdrun, wat ech och op dëser Plaz natierlech esou ka confirméieren. Et si Punkten, déi dee Moment och schonn thematiséiert gi waren. Déi sinn ausgebaut ginn. Dat hate mer an deene verschiddenen Historiquen. Haut de Mëtteg hu mer dat héieren. An dat ass och ganz richtig.

An och do brécht mir keen Zack aus der Kroun, souwéi dem Marco Schank och keen Zack aus der Kroun brécht, fir ze soen, dass et do Impulser gouf, wou mir natierlech och awer Erweiderunge gemaach hunn. An dat huet jo och de Marco Schank an déi verschidde Riedner vun deenen anere Fraktiounen op dëser Plaz ënnerstrach.

Déi sinn awer och net onwichtig, mengen ech, op där heiter Plaz. Dat gouf natierlech och schonn ënnerstrach. Et geet drëm, fir jo och haaptsächlech de Prêt à taux réduit ganz nei bäizesetzen. Dat ass ee vun de wichtige Punkten, déi een awer och soll ënnersträiche bei der Klimabank, fir dee Moment d'Zuel vun deene Leit, déi dovunner kënne profitéieren, méi breet ze maachen an dat Ganzt och auszeweiden op d'Personne-morallen, fir natierlech

d'Haaptzil ze erreechen, dass et en Assainissement vun de Gebaier gëtt. An ech mengen, dat ass awer e wichtige Punkt, fir deen dat Ganzt, déi Gedanken, déi gefouert goufen, nach eng kéier an d'Luucht gesat goufen.

Eppes, wat awer och wichteg ass bei dem Prêt à taux zéro, wat mer awer nach bäigesat hunn, dat ass eben, dass och 10% vun der gefroter Zomm net remboursabel si fir de Client vun dem Prêt à taux zéro. Dat kënnt och a ville Punkten, wat déi verschidde Riedner hei gesot hunn, fir eben och do d'Méiglechkeet ze ginn, fir deene Leit och nach eng kéier méi ënnert d'Äerm ze gräife wéi eleng iwwert de Wee vun dem Prêt.

Domadder hu mer op dëser Plaz eppes geschafen, wat Sënn mécht, wat Sënn mécht fir d'Klimapolitik a wat Sënn mécht op där anerer Säit awer och fir déi Leit, déi dorëmmer an de Gebaier, an den Appartements an an den Haiser wunn, fir deenen eng besser Liewensqualitéit ze garantéieren. Well et muss ee jo och soen, dass et hei net nëmmen och ëm den Assainissement vun de Gebaier geet, wat jo och wichteg ass, mä wann déi Gebaier och esou équipéiert sinn, wéi dat hautzudaags dann Usus ass, mengen ech, liewen déi Leit och besser an deenen Haiser. Et ass eng besser Liewensqualitéit. D'Wunnqualitéit, déi geet do an d'Luucht. An dat soll een natierlech och op jidde Fall hei eng kéier ernimmt hunn.

Et goufen e puer Froe gestallt haut de Mëtteg, op déi ech e puer Äntwerte wëll ginn. Well, ech mengen, dat ass dat Neit, wat ech vläicht nach ka mat erabrénge, well déi aner Riedner dat alleguere schonn ënnerstrach hunn. Et ass ëm d'Finanzierung gaange vun deene Banken, wéi et do mat de Konventiounen steet. Dat war eng vun deene Froen, mengen ech, déi de Mëtteg vum Marco Schank hei ervirbruecht gouf. Déi Konventiounen sinn natierlech preparéiert. Do wäerten déi Konventiounen dann och Enn Januar ënnerschriwwen ginn.

Mir an natierlech och d'Banken op där anerer Säit waarden op de Vott vun der Chamber. Mir kënne jo do net der Saach virsprangen. Mä et wär awer och net rasonabel gewiescht vun eiser Säit, fir dat nach net unzegoen, soudass dat alles preparéiert gëtt an dass herno déi meeschte Bierger och bei hirer Hausbank, wou déi meescht nun emol Client sinn, kënne mat deem heite Produkt bei hir Bank ebe goen. Dat ass eng Saach, esou ëm den 20. Januar, mengen ech, ass dat an der Preparatioun, fir dat dee Moment hinzekréien. An dat war eng vun de Froen.

Dann awer och, wat wichteg ass: Wéi gi mer elo domadder bei d'Leit? Wéi ass et mat der Informatioun? Dat ass awer och scho preparéiert ginn. Dir hutt och ganz recht, dat hei ass och eppes, wat awer komplex ass, op ville Plazen och technesch ass, wou mer och selwer mussen Spezialiste mat derbäihuelen, fir eis eben do selwer op deene verschiddene Punkten, haaptsächlech och an der PRIME House awer och bei dem LENOZ oder anere Punkten, ënnerstëtzen ze loossen.

An dat muss een natierlech de Leit méi no bréngen mat einfache Wieder; wat och net ëmmer ganz evident ass. Dat ass och an der Preparatioun. Et ass eng ganz Campagne do an der Preparatioun mat allen Outilen, déi derzougehéieren, déi hautzudaags Sënn maachen, fir eben de Leit dat ze erklären a fir ze kucken, dass esou vill wéi méiglech Leit dovunner profitéieren.

Well hei sinn ech der Iwwerzeegung, an, ech mengen, d'Chamber awer och, wann ech dat haut de Mëtteg héieren hunn, dass mer solle kucken, fir vill méi wäit nach ze komme wéi déi 400, déi elo zum Beispill bei der Klimabank hei ageschriwwen sinn, fir do nach vill méi wäit ze kommen, wéi déi, déi ugestriift sinn, an och an deene Joren duerno dat nach an d'Luucht ze hiewen. Well, ech mengen, dat mécht Sënn, souwuel fir alleguerten d'Leit, déi hei wunnen, déi dovunner kënne profitéieren, wéi awer och d'Klimaschutz ziler.

An dofir, mengen ech, muss mer do all Efforten drop setzen. Do si Saachen ugeduecht, do wäerte mer dat och am Laf vum Joer natierlech nach eng kéier kënne verbessern.

Ech kann dobäi och ernimmen, dass ech selwer wäert zwësche Januar a März en Tour maachen op sechs verschidde Plazen am Land, fir mat de Leit iwwerhaapt iwwer Logement ze schwätzen, fir do ze héieren, wat deenen hir Suerge sinn, fir eis Aiden nach eng kéier alleguerten ze presentéieren, déi et gëtt, fir mat deenen Akteure wéi „myenergy“, mat den Eck-Akteuren, déi an deem heite Kontext schaffen, de Leit dat alles méi no ze bréngen an och op hiren Dossiere sur place e bësse méi dezentral kënnen déi Saach ze diskutéieren. An do wäert dat heiten natierlech och en Thema ginn. An ech wäert och zesumme mat der Émweltmi-

nistes nach weider Explikatiounen och dem grand Public iwwert dese Sujet ginn. An da steet natierlech vum 1. Januar un dee Guichet unique, deen haut de Mëtteg och gestëmmt gëtt, och mat dem Akteur wéi „myenergy“ de Leit zur Verfügung, fir hir Froen ze stellen.

Et ass awer wichteg, dass mer déi Saach eng kéier ugeschwat hunn, mä dat sinn awer och Saachen, déi a Preparatioun sinn a wou mer natierlech duerno mussen kucken.

Guichet unique - dat héieren ech op jidde Fall eraus -, do waren net vill Diskussiounen heibannen. Dat ass eppes, wat souwisou eppes ass, wat op ville Plaze Sënn mécht; hei zemools, dass dat op enger Plaz gemaach gëtt.

D'Diskussioun, déi de Mëtteg eng kéier gefouert gouf, ob et do duergeet mat deene Leit, déi natierlech do an deem Guichet unique da wäerte setzen, dat sinn net nëmmen déi, déi an der Fiche financière stinn, mä do sëtzt dee ganze Service des aides au logement natierlech och op darselwechter Plaz. An déi wäerten natierlech alleguerten och kucken, fir dass de Guichet unique un d'Fonctionnéiere kënnt. An déi wäerten och eng Hand mat upaken.

Dat heescht, mir hunn do och nach méi wéi déi Persounen, déi heifir spezifesch fir de Guichet unique do sinn. Do hu mer awer och dee ganze Service des aides au logement mat méi wéi 50 Leit, déi do an den Asaz kommen, fir dat ze maachen.

An och do wäerte mer natierlech kucken, wann et eng kéier zu deem Punkt kënnt, dass mer iwwerlaf ginn, mussen mer natierlech och nach Leit derbäisetzen, fir dass dat och esou séier wéi méiglech ka gemaach ginn. Do brauche mer natierlech och Erfahrungswärter an där éischter Zäit, bis een dat doten natierlech dann och definitiv um Rullen huet.

De LENOZ, dat ass natierlech och scho méi laang e Gespréich. Dat wäert dann och déi gréng Hausnummer ersetzen. Do sinn nach e puer Dossieren, déi mer am Moment nach am Tube hunn. Déi wäerten och ofgeschloss sinn. An dann hu mer eben de LENOZ, deen dee wäert ersetzen. An ech mengen, dat ass jo och eppes, wat fakultativ ass. An op där anerer Säit - do wäert d'Kolleeegin herno driwwer schwätzen - sinn eben och 46 Kritären, déi un d'PRIME House gebonne sinn. An dat ass natierlech och dann e Schrëtt weider, wéi do, wou mer den Ament sinn.

Ech géif awer nach eppes ernimmen, wat awer net onwichtig ass op där heiter Plaz, wouvun de Mëtteg elo kee geschwat huet, mä wat awer och nach vläicht eng kéier wäert Adaptatioun mat sech bréngen. Well eben och an der Diskussioun, an den Oppositionen vum Statsrot verschidde Saachen an d'Gesetz erop hu misse gehuewe ginn, du sinn och déi Amortissementsstableauen den Ament elo alleguerten an d'Gesetz gehuewe ginn. Zum Beispill an der Annex 2 fannt Der d'Amortissementsstableauen.

Dat ass eppes, wat een awer och deemno wéi eng kéier muss adaptéieren. Do hu mir dee Moment och agesat op deenen zwee, souwuel bei dem Klima-Prêt à taux zéro wéi beim Klima-Taux à prix réduit, 0,75%, fir déi auszurechnen mat theoretesche Wäerter. Et kann natierlech sinn, deemno wéi dat gerechent ass op déi 15 Joer Lafzäit, dass et do nach liicht Décalagé gëtt an dass een déi eng kéier muss adaptéieren. An da mussen mer dann eng Gesetzesadaptatioun maachen, a kënnen et net méi maachen iwwer e Changement vun dem Règlement grand-ducal, wéi dat an der Zäit emol de Fall war.

Ech wollt just eng kéier hei ernimmen, dass et do natierlech nach deemno wéi méi eng komplex Aart a Weis an Zukunft gëtt, fir dat mussen ze adaptéieren. Mä do ware mer eis och eens an der Kommissioun. Do konnte mer jo och net anescht virgoen.

Ee Wuert och nach iwwert déi Motioun, déi de Marco Schank hei éinescht déposéiert huet. Ech hu kee Problem domadder. An ech ginn och dovunner aus, dass déi gradesou breet dann och vun de Membere vun der Chamber wäert ënnerstëtzt ginn.

Ech kann awer och dozou soen, dass natierlech och scho mat dem Secteur am Virfeld geschwat ginn ass. Et steet jo och do, fir an Zukunft nach verdéift mat deenen ze schwätzen. Déi ware jo och hei agebonnen, och an dem Ausschaffen, och mat de Spezialisten, mat de Büroen, déi eng Hand eben do mat ugepaakt hunn. Mä dat doten ass richtig.

A mir sollen och eng Evaluatioun maachen, wat ech och d'éinescht ugedeit hunn, well mer jo och hei während dem Prozess nach wäerte léieren, wat een nach weider ka vläicht adaptéieren an da wat fir eng Modullen een och nach weider kann an déi Klimabank do asetzen.

Well ech mengen, dat huet de Max Hahn och op dëser Plaz eng kéier ernimmt, an de Claude



Lamberty, mir hunn hei eng Klimabank mat zwee Modullen am Moment, dat ass den Taux réduit an den Taux zéro. Dat sinn déi éischt zwee Modullen, déi an déi Klimabank do agesat gi sinn. Do kann een natierlech och nach iwwer aner Saachen an Zukunft nodenken.

Mä ech mengen, dat heiten ass gutt, fir dat un d'Rullen ze kréien. An dofir kann een an Zukunft natierlech och kucken, wéi een dat nach weider wäert gestalten, wat do nach méiglech ass. An ech si bal dovunner iwwerzeegt, dass dat hei net déi leschte Kéier ass, wou un deenen dote Punkten hei an der Chamber geschafft gëtt, an dass mir eis och nach weider lwwerleunge wäerten dozou maachen.

D'Motioun, wéi gesot, mengen ech, do kënne mer domadder liewen, dass déi herno gestëmmt gëtt. An da sinn ech definitiv frou an zefridden, dass dat heiten awer ganz breet gedroe gëtt. Well déi Leit, déi dovunner kënne profitéieren, dat sinn der ganz vill hei am Land, souwuel déi, déi sozial vläicht net déiselwecht Moyenen hunn, wéi awer op där anerer Säit d'Betriben.

Domadder kréie mer eppes geschafen, an deem mer Klimapolitik kënne maachen an donieft awer och Liewensqualitéit fir se alleguerte maachen. An dofir ass dat, mengen ech, eng gutt Saach, déi mer haut nach esou kuerz virun der Chrëschtvakanz da stëmmen, fir das se den 1. Januar a Kraaft kann trieden, an dass mer dat dann eben och esou breet maachen.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci. An d'Mikro si waarm.

(Hilarité)

D'Madamm Ëmweltministesche, d'Carole Dieschbourg, huet d'Wuert.

► **Mme Carole Dieschbourg, Ministre de l'Environnement.**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären Deputéierten, och fir mech ass haut e groussen Dag, e grouse Schrétt an déi richtig Richtung mat deene véier Projeten.

Dat weist, dass mer d'Volontéit hunn, net nëmme méi effizient ze ginn am Wunnengsbau, well mir hate jo schonn eng PRIME House, mä virun allem och en Ekobonus quasi anzeféieren. Dat heescht, dass mer net nëmme d'Effizienz kucken, mä dass mer och nach d'Baumaterialie kucken a soumadder wierklech e Schrétt an déi richtig Richtung maachen.

An déi Richtung, wéi mer och am Rifkin zum Beispill gesinn, wou mer vun „smart green“ an „circular buildings“ schwätzen, also vu klugen, grénge, nohaltege Gebaier schwätzen, déi zukunftsweisend sinn an déi net zulaaschte weder vum Klima nach vun der Natur, nach vun der Ëmwelt ginn, mä déi fir eis Kanner sinn, wou keen herno Problemer huet, eppes ze recycléieren. A grad dat ass déi Richtung, wou mir wëllen higoen.

An ech wäert mech och op e puer Remarquen am Beräich vun der PRIME House beschränken, well ech mengen, et goufen immens vill Saache gesot. An dofir wëll ech och de Rapporteur, dem Max Hahn an och dem Henri Kox, e grouse Merci soe wierklech fir hir gutt ausféierlech Rapporten.

An ech freeë mech och iwwert déi breet Zoustëmmung, déi et fir dese Projet gëtt, dee wierklech an enger Kohärenz erallt gouf. Et gëtt e Spréchwuert, wat mer dozou afält: „Elong geet ee schnell, zesumme geet ee wäit“.

Dat heiten ass e Projet, deen net nëmme vum Logementsminister a vun dem Ëmweltministère ausgeschaft gouf, mat den Administratiounen a mat de Leit, déi dru souzen, mä awer och an Zesummenaarbecht mat dem Ekonomiesministère a mam Finanzministère. An ech mengen, dat weist einfach d'Kohärenz, wéi mer mat där Klima- an Ëmweltpolitik als Regierung ëmginn.

An ech wëll hei profitéieren, fir all eise Mataarbechter aus de Ministère a grouse Merci ze soe fir déi gutt Zesummenaarbecht, déi mer haten, fir d'Kollaboratioun. Well et war eng gutt Zäit, wou mer wierklech wäit komm sinn an elo eppes op den Dësch leeën, wat wierklech Sënn mécht. Wat Sënn mécht fir d'Zukunft, wat Sënn mécht fir d'Leit, fir d'Energiearmut ze bekämpfen a fir och spéider Käschten, déi beim Recycling kéinten ufalen, ze reduzéieren.

Ech ginn awer ganz gären elo op déi puer Froen an, déi gestallt goufen. Ech mengen, en Deel dovou gouf scho vum Logementsminister beäntwert. Natierlech gehéiert zu deem Paquet hei och, dass mer dat de Leit dobause vermëtelen.

D'PRIME House ass sécherlech an dësem Volet schonn dat, wat scho säit Jore leeft. Mir gesinn, dass d'Tendenz do och esou scho steigend war.

2015 an 2016 leie mer bei 26 Milliounen, déi awer do ënnert d'Leit koumen, bei iwwer 2.000 Projeten, déi konnten ënnerstëtzt ginn. Dat sinn der schonn eng jett!

An dofir kënne mer - an dofir sinn ech net esou skeptesch wéi den Här Kartheiser - soen: Mir si schonn um ganz gudden Wee. Well am Wunnengsbau, deem Beräich, deen awer 18% vun eisen nationalen Emissiounen ausmécht - oder 12% aus dem Wunnengsbau, de Rescht aus anere Gebaier -, do hu mer schonn eng Entkopplung: Tëschent 2005 an 2015 hu mer do schonn 12% reduzéiert. Dat mécht awer pro Haus a pro Awunner, pro Awunner virun allem, mécht dat eng Reduktioun vun 30% un Energie, déi mer haut schonn aspuere vis-à-vis vun 2005!

An ech mengen, et war onlogesch, net déi neisten Technologien ze verwenden an déi effizientsten Haiser ze bauen, fir net künftige Generatiounen eppes opzebürden, wou mer Ofhängegkeete schafen, Ofhängegkeete vu Gasnatiounen, vun Uelechscheichen. Ech mengen, dass et wierklech besser ass, wa mer do konsequent dat, wat mer haut scho wëssen, maachen an dat féerden.

An ech muss ganz éierlech soen, wann Der lech e bësse méi mam Projet beschäftegt hätt, dann hätt Der gesinn, dass mer elo energieeffizient Haiser bauen, also quasi Nullenergiehaiser. Dat ass e Règlement vun 2012. Dat war hiräichend bekannt, fënnf Joer.

Wat mer elo hei en plus maachen, ass de Bonus an den Ureiz schafen, dass mer nient der Effizienz virun allem och am Neibau grad eben nohalteg Materialien huelen, Materialien, déi herno kee Problem sinn, déi entweder mineralesch... An et gëtt jo nach Top-uppen da fir déi nowuessend Materialien, wou mer och nach Chancë gesi fir eis Landwirtschaft. Mir schwätzen hei also net vu penale Saachen. Mir schwätzen hei dervun, méiglechst vill Leit mat op de Wee ze huelen, fir dass se kënne gutt an hiren Haiser liewen.

Ech mengen, dass ech elo net méi extra op déi eenzel Themen aginn. Ech mengen, de Neibau ass wichteg. Do si mer scho gutt, de Max Hahn hat dat nach eng Kéier ënnerstrach, do hu mer eis Regeln. Mä do läit den Hauptakzent, wat ee ka kréien, wierklech op deene gudden Materialien. Do kann ee bis zu 24.000 Euro kréien, plus - wann een dann nach erneierbarer mat eranhëlt, en „solar panel“ zum Beispill op den Daach leet -, da kann een awer bis iwwer 30.000 Euro zousätzlech kréien. Dat ass e gudden Batz Geld, mat deem ee bei esou engem Projet dann awer vum Stat ënnerstëtzt gëtt, als Subsid kritt.

Bei der Sanéierung, jo, do hu meng Virriedner recht, do mussen mer nach e gudden Schrack maachen. Nëmme dräi Milliounen Euro waren am leschte Joer fir d'Renovéierung gebraucht ginn. Do brauche mer méi Usatzpunkter. An do wäert et och esou sinn, dass mer zesumme mat dem Ekonomiesministère, deen do de Lead huet, wäerten nach eng Campagne lancéieren.

D'Betriben, déi goufen och erwänt. D'Betriben, déi hunn natierlech nach eenzel Mesuren, sief et elo déi ganz grouss, wou mer éischter eng „learning factory“ fir Effizienz maachen, sief et awer elo all Ureizer, déi am Ekonomiesministère och am Beräich vun de Betriben gemaach ginn, oder iwwert de Klimapakt, wou mer jo och ëmmer méi, nieft de Bierger, mat de Gemengen op déi kleng Betriben duerginn.

Wichteg ass och, dass, wa mer Ganzrenovéierung maachen - an do, mengen ech, hapert et am Moment, oft goufen d'Renovéierungen nëmme als esou kleng Deelprojete gemaach -, hu mer hei d'Combinaison tëschen der Klimabank, also der Virfinanzéierung, plus de Subsiden herno, déi erhéicht goufen. Well wann een e Klasse sprong schafft, da gëtt et jo nach eng Kéier emol e Bonus: dee gouf verduebelt.

Duerch d'Combinaison vun deenen eenzelne Projeten erhoffe mer eis, dass d'Leit wesentlech méi ugereegt sinn, e ganze Projet ze maachen an eng Komplettisanéierung ze maachen: Dee Schrétt, deen eis bis ewell gefeelt huet. An dann den Top-up vun der Combinaison vun den erneierbaren... (veuillez lire: erneierbaren Energien), deen hat den Henri Kox och a senger Ried scho genannt.

Wichteg ass, dass dat Ganzt begleet gëtt, dass d'Berodung gutt ass. Do hu mer gutt Partner. Dat wäert mer natierlech ausbauen.

An domat mengen ech, dass ech just nach ka vläicht op dem Här Schank seng Fro zum Schluss agoen, deen d'Suerg hat, dass mer eis am Beräich Klima net genuch mat de Leit beschäftegen. Ech kann lech awer soen, do kënnt Der lech berouegen. Mir sinn am Moment amgaangen... Ech hunn de Conseil supérieur du développement durable jo beoptragt gehat, ech hunn dat hei op der Tribün schonn eng

Kéier gesot, fir mer eng Evaluatioun ze maache vum zweete Klimaaktionsplang. An deen drëten, deen d'nächst Joer soll lancéiert ginn, dee gëtt mat ganz breeder Participatioun gemaach.

A wann Der den Avis vum Conseil d'État zu Ärer Propos gelies hutt, da gesitt Der, dass mer haut op engem ganz anere Standpunkt sinn, wéi mer nach virun e puer Joer waren. D'Leit wäert mat agebonne ginn an de participative Prozess, genauso wéi ech et hei schonn eng Kéier erkläert hunn. Mir wäert mat jonke Leit schaffen, mat ONGE schaffen. Mir loosse eis natierlech begleeden an da wäerte mer en drëtten Klimaaktionsplang opstellen, dee pro Secteur wäert agéieren. An ech mengen, dat wäert e flotte Prozess ginn, wou mer versichen, innovativ ze sinn. An do wäert natierlech jiddweree säin Deel musse bäidroen, dat en parallele och zur Ëmsetzung, zur Nohaltegkeetsagenda, wat mer jo och um Leescht hunn, wou mer äänlech wëlle virgoen.

De Klimaschutz, an do kommen ech op mäin initiale Sproch erëm, kënne mer net eleng léisen. Fir de Klimaschutz, do brauche mer jiddwereen. A wa mer wëlle wäit goen, da brauche mer lech all.

Ech soen lech Merci fir déi breet Ënnerstëtzung.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci. Domat wiere mer um Enn vun eisen Diskussiounen iwwert déi ganz Rei vu Projeten ukomm. An ech géif proposéieren, dass mer da schéin nom Möllerprinzip géifen iwwer een nom aneren ofstëmmen, d'Projete 7053, 7054, 7055 an de Projet 7046. Mir géifen ufänke mat dem Projet de loi...

(Brouhaha)

► **Une voix.**- An d'Motioun?

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Iwwert d'Motigun gëtt ëmmer duerno ofgestëmmt. Fir d'Éischt de Vott iwwert de Projet an dann d'Motioun. Sidd Der mat mer d'accord?

(Assentiment)

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci. Mir géifen dann ufänke beim Projet 7053.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 7053**

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo eriwwer.

60-mol Jo: Unanimitéit.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haag, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger (par M. Gusty Graas), Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Wann Der erlaabt, froen ech herno bei deene véier mateneen.

7054, deen nächste Projet.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 7054**

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo eriwwer.

60-mol Jo: Unanimitéit.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten,

Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haag, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger (par M. Gusty Graas), Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Marc Baum et David Wagner.

A mer géifen direkt zum nächste Projet iwwer goen, de 7055.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 7055**

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo eriwwer.

58-mol Jo an zweemol Neen.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haag, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger (par M. Max Hahn), Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Ont voté non: MM. Marc Baum et David Wagner.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Et hat näischt gedéngt!

(Brouhaha)

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- A mer géifen dann zum Projet de loi 7046 iwwer goen.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 7046**

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo eriwwer.

60-mol Jo: Unanimitéit.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haag, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger (par M. Gusty Graas), Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Marc Baum et David Wagner.

**Dispenses du second vote constitutionnel des projets de loi 7053, 7054, 7055, 7046**

Däerf ech lech da fir déi véier Projete froen, ob mer d'Dispens vum zweete Vott froen?

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou décidéiert.



Dann zu der Motioun. Wann ech dat richteg verstanen hunn, ka jiddwereen - oder bal jiddwereen - domat liewen. Jiddwereen! Da géif ech lech froen, ob mer dat kënne per Handop-hiewe maachen.

(Assentiment)

**Vote sur la motion 1**

Wien domat d'accord ass, ass gebieden, d'Hand ze hiewen. Géigeprouf: Wien ass dogéint? Wien enthält sech?

Domat ass d'Motioun unanime ugeholl. Merci.

#### 4. Ordre du jour

A mer géifen zum nächste Punkt vum Ordre du jour iwwergoen, dat ass deen nächste Projet de loi. Mir hunn herno nach eng Resolutioun. Ech géif proposéieren, dass mer déi um Enn huelen. Sidd Der domat d'accord?

(Assentiment)

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Elo ware mer amgaang.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Et ass net zu deem Projet.

Den nächste Punkt ass de Projet 6931 iwwert deen éischten... - et kënnt mer net iwwert d'Lëpsen -, iwwert deen éischte Paquet ferroviaire. An d'Wuert huet direkt d'Madamm Rapporteur, d'Josée Lorsché, déi och scho bereet ass.

#### 5. 6931 - Projet de loi portant transposition de la refonte du 1<sup>er</sup> paquet ferroviaire et modifiant

**1. la loi modifiée du 10 mai 1995 relative à la gestion de l'infrastructure ferroviaire;**

**2. la loi modifiée du 11 juin 1999 relative à l'accès à l'infrastructure ferroviaire et à son utilisation;**

**3. la loi modifiée du 22 juillet 2009 relative à la sécurité ferroviaire; et**

**4. la loi du 3 août 2010 sur la régulation du marché ferroviaire**

**Rapport de la Commission du Développement durable**

► **Mme Josée Lorsché** (déi gréng), *rapportrice*.- Merci, Här President. Mir komme vun den Haiser zu de Schinnen, wou et drëms geet, d'Reform vum éischte Paquet ferroviaire ze stëmmen. Dës Reform entsprécht der Logik vun der europäescher Eisebunnspolitik, op déi ech kuerz wëllt agoen. Déi ganz Geschicht ass nämlech zimlech komplex an awer och ganz émstridden.

Wéi Dir wësst, ass déi Europäesch Kommissioun schonn zanter den 90er Joren drop aus, den europäeschen Eisebunnsssektor ze liberaliséieren, en eenheetlechen europäeschen Eisebunnssraum mat gläiche Rechter fir d'Ubiddere ze schafen an de Sektour op déi Manéier méi konkurrenzfähig ze maachen.

An deem Kontext huet déi Europäesch Kommissioun am Laf vun der Zäit véier Paquets ferroviaires adoptéiert. Deen éischten am Joer 2001, dee sech op d'Liberaliséierung vum Giddertransport fokusséiert huet. Deen zweeten am Joer 2004, deen der Osterweiterung vun Europa mat dem Bättrëtt vun zéng Member-state Rechnung gedroen huet an och zu der Kreatioun vun der europäescher Eisebunnsgesellschaft gefouert huet.

Deen drëtten Paquet stamt aus dem Joer 2004 a war geduecht, fir nom Giddertransport och de Persounentransport ze liberaliséieren. A fir dee ganze Prozess ofzeschleissen, ass net méi spéit wéi de 14. Dezember vun deem Joer en éischten Deel vum véierte Paquet ferroviaire vum Europaparlament ugeholl ginn.

Esou vill zum Gesamtkontext, an deem déi europäesch Eisebunnspolitik an domat och dese Projet de loi sech beweegt.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mat deemem Projet de loi komme mer zréck op den éischte Paquet ferroviaire, deen ech virdrun erwänt hunn, deen d'Liberaliséierung, wéi gesot, agelaut huet, dat am Joer 2001. Dësen éischte Paquet muss nogebessert ginn. E besteet aus dräi EU-Direktiven, déi am Laf vun de Jore modifizéiert gi sinn an zu enger Rei Onkloerheeten an Ongerechtegkeete gefouert hunn. Fir déi legal Basis vum éischte Paquet ferroviaire ze verbesseren, sollen dës dräi Direktive

mat dem Projet de loi vun haut an engem eenzegen Text konsolidéiert ginn. Dohier kënnt dann och den Term „refonte“.

Wat ass den Inhalt vun deenen dräi Direktiven? Léif Kolleginnen a Kollegen, déi dräi Direktiven definéieren d'Zougangsrechter zu den Infrastrukturen a sollen dofir suergen, dass keng Diskriminatioun beim Zougang soll entstoën. Donieft enthalten déi Direktiven eng Rei Dispositionen, déi d'Onofhängegkeet an d'Kompetenze vun den nationale Kontrollorganismen am Eisebunnsssektor sollen ofsécheren. Dat si gutt gemengten Ziler, mä déi initial Texter hunn awer eng Rei Lacunen opgewisen. Dat huet sech duerno erausgestallt.

Déi Europäesch Kommissioun koum an engem grouss ugeluechte Bilan am Joer 2011 nämlech zur Konklusioun, dass déi transnational Eisebunnssoperatore beim Zougang zum Marché mat ze vill technesch, juristeschen a politesch Hürde konfrontéiert wieren.

Aus deem Grond huet d'Kommissioun decidéiert, am Kader vun der Refonte, méi kloer Bestëmmungen, méi Gerechtegkeet a méi Transparenz an d'Gesetzgebung an domat och an dee ganze Sektour ze bréngen: éischstens, um Niveau vum Financement vun der Infrastruktur; zweetens um Niveau vun den Zougangsbestëmmungen; drëtzens um Niveau vun der Tarifikatioun, wou d'Redevancé fir den Accès reduziéiert sollte ginn; a véiertens dann nach um Niveau vun der Kompetitivitéit, wou et drëms geet, den Eisebunnsssektor par rapport zu aneren Transportsecteuren ze stäerken. Dës opgrond vun der Tatsaach, dass just 10% bis 12% vun de Gidder an Europa iwwert d'Schinn transportéiert ginn an de ganze Rescht iwwert d'Strooss, de Fliger oder d'Schéff, wat schonn eleng ekologesch net tragbar ass!

Donieft gesäit dës Refonte och vir, déi confidentiell Daten, déi fir statistesch Zwecker benotzt ginn, besser ze schützen an d'Onofhängegkeet vun den nationale Kontrollinstanzen ze verstärken, dat op Basis vum Resultat vum Bilan, deen ech virdrun erwänt hunn.

Wat heescht dat alles elo fir Lëtzebuerg? Léif Kolleginnen a Kollegen, mam Projet de loi vun haut transposéiere mer eng weider EU-Direktiv, d'EU-Direktiv 2012/34, an nationaalt Recht a verhéinneren domat, dass Lëtzebuerg eng Astreinte vu ganz genee 8.710 Euro am Dag un d'Europäesch Kommissioun muss bezuelen. Dat wiere bal 3,2 Milliounen Euro Strof am Joer!

Dese Projet de loi modifizéiert awer och eis national Gesetzgebung an deem Sënn, dass verschidden Dispositionen an eise véier nationalen Eisebunnsgesetzer aus de Joren 1995, 1999, 2009 an 2010 musse modifizéiert ginn.

Dat éischt Gesetz, dat vun 1995, bezitt sech op d'Gestioun vun der Eisebunnsinfrastruktur. Dat zweet op den Accès an op d'Benotzung vun der Infrastruktur. Dat ass d'Gesetz vun 1999. Dat drëtt op d'Sécherheet vum Eisebunnssréseau an dat véiert op d'Regulatioun vum Eisebunnsmarché. Dat ass dann d'Gesetz vun 2010.

Dir verstitt, dass ech aus Zäitgrënn net op déi 110 Artikel vum deemem Projet de loi aginn.

► **Plusieurs voix**.- Ooh!

(Hilarité)

► **Mme Josée Lorsché** (déi gréng), *rapportrice*.- Ech verschouwen lech och vun de fënnf Annexen a verweise fir all Interesséiert op mäi schrëftleche Rapport. Dir hutt gläich Vakanz a kënnt en iwwert d'Chrëschtdeeg liesen, wann Der keng besser Lektür doheem parat hutt.

Dir Dammen an Dir Hären, ech kommen zu den Aarbechte vun der Nohaltegkeetskommissioun an zu deene verschiddenen Avisen.

Nodeems de Projet de loi den 21. Dezember 2015 vum Nohaltegkeetsminister François Bausch déposéiert gi war, huet de Statsrot säin éischten Avis de 27. Oktober 2016 ofginn, also iwwer zéng Méint nom Dépot vum Projet de loi, wat de Retard bei der Émsetzung net grad verkierzt huet.

Net begeschtert war de Statsrot iwwert d'Approche vun den Auteuren, mat deemem Projet de loi véier Gesetzer ze modifizéieren, amplat sech op en eenzegen neie Gesetzestext ze limitéieren. Donieft hätt de Statsrot begreist, wann d'Auteure méi Erklärungen zu den Artikel geliwwert hätten, vu dass et sech jo hei ëm eng zimlech komplex Matière handelt, jiddefalls fir Leit, déi net an deem Domän doheem sinn.

Wat déi textuell Ännerungen ugeet, déi de Statsrot proposéiert huet a sengem éischten Avis, huet d'Nohaltegkeetskommissioun deene Proposen alleguer Rechnung gedroen, an am Avis complémentaire vum 6. Dezember 2016 huet de Statsrot keng Kritik méi erhuewen an huet de Projet de loi integral guttgeheescht.

Ech komme bei d'Chambre de Commerce, déi sech och zu deemem Projet de loi zu Wuert gemellt huet, dës an hirem Avis vum 25. Januar 2016. Dës Beruffskummer gesäit am europäeschen Eisebunnssmaart e grouss ekonomesch Potenzial a begreist och, dass dese Projet de loi souwuel d'Qualitéit wéi och d'Effikassitéit vum Schinnentransport soll verbesseren. Manner zefridden ass d'Beruffskummer awer do-riwwer, dass am Projet de loi keng Referenz gemaach gëtt op eng méiglech an och ganz wichteg finanziell Bedeelegung vum Stat, well et jo ebe just muss drëms goen, den Eisebunnsssektor par rapport zu aneren Transportsecteuren méi konkurrenzfähig ze maachen.

Dann vum Avis vun der Chambre des Salariés, déi e ganz extensiven a ganz kriteschen Avis eraginn huet, dat war de 16. Dezember 2015 (veuillez lire: 16. Februar 2016), an deen eigentlech déiselwecht Meinung vertritt wéi d'Gewerkschaften an deser Matière. Laut der CSL geet esou eng Politik, déi hei verfollegt gëtt, net nëmmen op Käschte vun den Aarbechtskonditiounen a vun de sozialen Errungenschaften am Sektour vun der Eisebunn, mä och op Käschte vun der Sécherheet, der Qualitéit an der Pérennitéit vun den Infrastrukturen a vun de Réseauen.

Aus deem Grond verlaangt d'CFL, pardon, verlaangt d'CSL, dass de Stat seng Responsabilitéit weiderhi soll a muss iwwerhuelen an dass keng Trennung tëschent dem Gestionnaire vun der Infrastruktur an den Operateuren däerf entstoën. Dat heescht, eng Fragmentéierung vum Réseau muss onbedéngt verhénnert ginn!

D'Nohaltegkeetskommissioun huet sech hirersäits a véier Sëtzunge mat deemem Projet de loi befaasst an huet mä Rapport de 15. Dezember 2016 ugeholl.

Zum Schluss wëllt ech dem Här Jeannot Poeker, dem Chargé de direction vun den CFL am MDDI, e grouss Merci fir seng kompetent Ënnerstützung an deem Dossier ausdrécken, dann awer och senge Mataarbechterinnen Anouk Ensch an Irena Medakovic. E weidere Merci, wéi ëmmer, geet och un eis Sekretärin Rachel Moris.

Här President, domat hunn ech meng Aarbecht als Rapportrice ofgeschloss. A wann Dir erlaabt, klammen ech nach kuerz an d'Haut vun der grénger Fraktioun, fir d'Positioun vun eiser Fraktioun zu deemem Projet de loi duerzeleeën.

#### Discussion générale

Dir Dammen an Dir Hären, als gréng Fraktioun sti mir ganz kloer zu Europa. A fir eis ass d'Netëmsetze vun enger europäescher Direktiv mat enger Strof vun 3,2 Milliounen am Joer keng Optioun, och wann net all Direktiv eis gefällt. Dowéinst ënnerstëtze mir dese Projet de loi.

Am Kontext vun der europäescher Eisebunnspolitik si mir awer als Gréng och iwwerzeegt, dass eng Direktivergab vun den Eisebunnsservicer ouni ëffentlech Ausschreiwung déi eenzeg Méiglechkeet ass, fir d'Qualitéit an d'Quantitéit vun de Servicer oprechtzerhalen a fir déi sozial Errungenschaften am Sektour ofzesécheren.

Eng Trennung tëscht dem Gestionnaire vun der Infrastruktur an den Operateuren, déi d'Infrastruktur jo eigentlech just aus Profitgrënn benotzen, wier an eisen Ae fatal fir eist Land, an net nëmme fir Lëtzebuerg, mä och fir vill aner kleng Länner a Regiounen.

Firwat? Ganz einfach, well déi kleng an dowéinst manner rentabel Eisebunnslinnen domat séier condemnéiert wäeren. Aus deem Grond begreisse mir, Här Minister, dass Dir lech während der Lëtzeburger EU-Présidence am Oktober 2015, wou iwwert de véierte Paquet ferroviaire verhandelt ginn ass, konnt duerchsetzen, zimlech radikal, an dass Dir Derogatiounen fir kleng a mëttelgrouss Eisebunnslinnen a Réseauen erausgeschloen hutt.

Fir Lëtzebuerg heescht dat, dass mir eis d'nächst Joer am Kader vun den Diskussiounen iwwert de véierte Paquet ferroviaire mat engem gudden Gesetz kënne befaassen, wat déi Lëtzeburger Eisebunnsservicer an hir Salarië virun der Liberaliséierung wäert schützen a wat d'Risiken, déi sech hannert der Refonte verstoppen, eliminéiert, well eist Land net forcéiert gëtt, eng Ausschreiwung virzehuelen.

An deem Sënn freeë mer eis op déi Diskussioun an ech ginn elo schonn den Accord vun der grénger Fraktioun fir dese Projet de loi a soen lech och nach Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci der Madamm Lorsché. Dann huet d'Wuert den Här Serge Wilmes.

► **M. Serge Wilmes** (CSV).- Jo, ech soe Merci fir de Rapport an ech ginn den Accord vun der CSV-Fraktioun.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

(Brouhaha)

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci. Dat war rekordverdächtig! An d'Wuert huet elo den Här Roger Negri.

► **M. Roger Negri** (LSAP).- Merci, Här President. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'Éischt wëll ech e grouss Merci soen der Rapportrice, der Madamm Josée Lorsché, fir hire gudden schrëftlechen a mëndlechen Rapport. An, wéi se gesot huet, sinn et iwwer 105 Artikelen. Et ass net einfach, fir do virun allem d'Essenz erauszeshielen. An dofir nach eng Kéier och en extrae Merci.

Zanter ronn 15 Joer liberaliséieren an harmoniséiere mer an Europa schrëttweis de Schinneverkéier. De Gesetzesprojet, deen haut virläit, bréngt par rapport dozou keng ganz grouss Ëmännerungen. Et handelt sech un éischter Stell, wéi d'Rapportrice gesot huet, ëm eng Refonte, wou déi besteeënd Direktiven zesumme-gesat ginn a wou mir déi jo dann och a véier Gesetzer ëmsetzen.

Ech wëll awer vläicht eng kuerz Remarque maachen zum Kontext, an dee dese Projet de loi aschreift. Dat deklaréiert Zil vun alle Mesuren, déi d'EU an deene leschte Joren a Jorzéngten am Beräich vum Schinneverkéier geholl huet, ass, fir méi e groussen Undeel vum Wuere- a vum Persounentransport vun der Strooss op d'Schinn ze kréien an domat méi ëmweltfrëndlech Transportweeër ze kréien, zu deenen natierlech och d'Eisebunn gehéiert.

D'Ursaach, firwat d'Eisebunnen net méi konkurrenzfähig sinn, sinn net ëmmer bei den Eisebunnen ze sichen. Dat gëtt awer gemaach. Net effizient, ze vill protektionistesche gefouert, ze vill verschidden technesch Standards. Géint all dës tatsächlech oder vermeintlech Mësstänn ass d'EU mat enger konsequenter Liberaliséierungspolitik virgaangen. An och dese Projet schreift sech an dës Logik an.

Mir hunn eis hei zu Lëtzebuerg un d'EU-Reglementatiounen ëmmer ugepasst an, d'Rapportrice huet et gesot, mir hunn och keen anere Choix! Ech mengen, dofir war et jo och de Wonsch vum Transportminister, fir dat nach dës Joer hei geneemegt ze kréien, well eis soss eng Strof drot. An ech mengen, dat solle mer eis net undoen, well mer souwiso jo vun aneren Dossiere wëssen, wéi dat ausgeet.

Mä et ass net ëmmer ganz einfach als kleng Réseau mat eise Spezifitéiten, wou mer direkt eis grouss Nopere ronderëm hunn, eis unze-passen. Dofir muss een och ganz gutt oppassen, wéi déi Saache sech do entwéckelen.

De véierte Paquet ferroviaire steet jo och da virun der Dier an do gi mer dann och dovun aus, dass mer an darselwechter Logik wéi bis elo do virginn. An och hei wëllt ech mech der Rapportrice uschleissen, un de Merci un den Transportminister, deen et jo da fäerdegbruecht huet an der leschter Présidence zu Lëtzebuerg, wierklech do am Kader vum Conseil sech duerchzusetzen an och fir Lëtzebuerg do eng gutt Léisung erauszeschloen.

Dofir, Här Minister, wëll ech lech extra Merci soen. Ech mengen, d'Europaparlament huet och jo elo de Paquet gestëmmt. An ech mengen, Dir hat eis jo och an der leschter Kommissiounssitzung gesot, dass Der schonn amgaang sidd, och dorunner ze schaffen, an do wënsche mer lech och all Succès an do kritt Der och eis Ënnerstützung.

D'Argument, firwat mer awer dee véierte Paquet elo mussen ugoen, ass, laut der EU, d'Feststellung, dass den Undeel vun der Bunn um Verkéier net zou- mä ofgeholl huet. Et kann ee vläicht just eng Kéier kuerz déi Chifferen do nennen. Et kann een am Fong et esou résuméieren, dass op der Eisebunn 2% manner Trafic ass an de Stroosseverkéier all Joer ëm 2% zouhëlt.

Aner wesentlech Hindernisser ginn ausser Uecht gelooss. Soulaang wéi mer de Stroosseverkéier méi staark ënnerstëtze wéi de Schinneverkéier, brauche mer eis iwwert dat Resultat awer guer net ze wonneren. A wa mer wëllen, dass e substanzien Deel vum Verkéier vun der Strooss op d'Schinn verluecht gëtt, da brauche mer och dofir déi entsprecheend Capacitéiten.

D'LSAP stëmmt deemem Projet de loi och zou. Et geet awer net duer, d'Eisebunnsgesellschaften ënnerteneen ënner erhéichte Konkurrenzdruck an Europa ze setzen, fir e bessere Service oder méi attraktiv Offeren am Schinneverkéier ze kréien. Et brauch een och regelméisseg Investitiounen an d'Infrastruktur.

Dat geschitt hei zu Lëtzebuerg, awer nach net iwwerall an Europa, wa mer da wëlle wierklech an deem Sënn do konkurrenzfähig ginn. Dofir muss mer eis um europäeschen Niveau dofir asetzen, dass méi Suen an d'Eisebunn, an d'ëffentlech Infrastrukture gesat gi wéi an de Stroossebau. Zu Lëtzebuerg hu mer do eng Trendwend jo zanter e puer Joer erreecht. Mä dat muss dann, wéi gesot, a ganz Europa